Der Befehlsstand des 104. Regimentes wurde am Nachmittag des 22. Dezembers 1944 nach Reichlingen verlegt. Lt. Col. Ralph A. Palladino, der Kommandeur des 104. Regimentes, logierte im Hotel Hansen in Reichlingen.

Am 23. Dezember 1944 gegen 15.00 Uhr nahm die amerikanische Artillerie den "Hintgenbësch" unter Feuer. Als die Amerikaner schließlich in den Wald eindringen, sahen sie dort ein furchtbares Werk der Zerstörung und des Todes. Nur 14 Deutsche, die den Kampf überlebt hatten, wurden gefangen.

Mit dem Sieg in der "Schankegriecht" hatten die Amerikaner den Durchbruch ins Wartal geschafft und das Grenadierregiment 915 zwischen Pratz und Mertzig eingeschlossen. Am 23. Dezember 1944 gelang es Teilen des Regimentes 915 nach Norden auszubrechen und sich zu den deutschen Linien durchzuschlagen, doch es hatte alle schweren Waffen eingebüßt und hohe Verluste erlitten. Die Masse der 352. Volksgrenadierdivision wurde nach Ettelbrück zurückgeworfen. Mit Mühe konnte der Brückenkopf Ettelbrück gehalten werden, bis die Masse der Division sich hinter die Sauerlinie zurückgezogen hatte.

Am 25. Dezember 1944 fuhr Capt. Emil J. Schmidt nach Pratz, um die 39th Signal Company dort unterzubringen. Während er dort weilte, stürzte ein Bomber entlang der Straße ab. In Pratz teilte man Capt. E. J. Schmidt mit, er solle seine Kompanie in Platen unterbringen.

Am 26. Dezember 1944, an dem Tag als die 4. US-Panzerdivision den deutschen Belagerungsring um Bastogne durchbrach, wurden der Stab und die Stabskompanie des 735. US-Panzerbataillons, das der 26. US-Infanteriedivision angegliedert war, nach Bettborn verlegt.

Am 29. Dezember 1944 verließen der Stab und die D Kompanie des 735. Panzerbataillons Bettborn in Richtung Merscheid/Grosbous, wo der Bataillonsbefehlsstand gegen 13.15 Uhr eingerichtet wurde.

Am 1. Januar 1945 wurde die 39th Signal Company von Platen nach Grosbous verlegt, während das 59th Field Hospital in Platen einzog.

Am 16. Januar 1945, ein Monat nach dem deutschen Angriff, jagte General George S. Patton Jr. einen Verband von 60 Fahrzeugen der 11. US-Panzerdivision durch den Wald nach Houffalize und stellte so die Verbindung mit der 2. US-Panzerdivision und der 1. US-Armee von Hodges her. Damit war der deutsche Ardennendurchbruch abgeschnitten.

De Krich ass aus

Nodeems den *Adolf Hitler* sech den 30. Abrëll 1945 zesumme mat senger Fra *Eva Braun* zu Berlin am Führerbunker erschoss hat, war de Wee fir de Fridde fräi. Den 8. Mee 1945 owes em 23:00 Auer ass den 2. Weltkrich offiziell an Europa op en Enn gaangen. Dunn ass d'Kapitulatioun vum Nazi-Räich, déi de 7. Mee zu Reims ënnerschriwwen gi war, a Kraaft getrueden. Am Pazifik ass de Krich nach téschent den Amerikaner an de Japaner weidergaangen. Eréischt duerch déi zwou Atombommen op Hiroshima an Nagasaki, de 6. an 9. August war och do de Krich eriwwer. Lëtzebuerg ass 1945 derbäi, wéi d'UNO gegrennt gëtt, an ënnerschreift d'Charta vun de Vereenten Natiounen zu San Francisco.

Rapatriement

De sougenannte Rapatriement huet reegelméisseg Versammlunge fir d'Eltere vun deene Vermésste gehalten, wou déi lescht Informatiounen ausgetosch gi sinn. Dobäi sinn dann och alt emol Saache verzielt ginn wéi déi hei:

Zum Schluß der Versammlung gab eine anwesende Dame Kenntnis von einem Gerücht, das ihr zu Ohren kam, ohne daß sie es näher kontrollieren konnte und dem zufolge zwei aus der russischen Kriegsgefangenschaft durchgebrannte Luxemburger kürzlich heimgekehrt sein sollen. Der eine stamme aus *Grosbous*, habe jedoch keine Eltern mehr u. wohne augenblicklich „Dans un coin de mon pays. Une femme m'a souri, Une femme au coeur bien tendre, Une femme qui saura m'attendre“ bei seiner „Freiesch“ in Itzig. Wo der zweite beheimatet ist oder wo er eine sozusagen unwahrscheinlich treue Braut sitzen hat, sagte allerdings nicht das etwas vage Gerücht, das zudem von einem leisen Hauch von Unwahrscheinlichkeit wie von Romantik umweht ist. Aus russischem Gefangenenlager durchbrennen und bis nach Luxemburg zur traute herzallerliebsten gelangen. braucht nicht absolut unmöglich zu sein, muß aber verdammt schwierig, besonders im Anfang, und schön, besonders zum Schluß sein. Es ist jedoch reichlich unwahrscheinlich, daß aus der Gefangenschaft in Rußland auf irgendeine Art heimgekehrte Luxemburger sich nicht beim Rapatriement melden täten es sei denn, sie hätten plausible Gründe, ihre Rückkehr geheim und sich selbst diskret versteckt zu halten. In solchem Falle täte man allerdings gut, beileibe in keine Mausefalle zu gehen, nicht einmal zu Itzig, und wenn der Speck auch noch so lang entbehrt und lecker locken sollte.

Alles propper

An der Sëtzung vum 27. Mee 1945 gëtt en definitive Schlusstrich ënnert de Krich gezunn. Den Inneminister hat d'Gemengen den 3. Abrëll 1945 ugeschriwwen, se sollte kontrolléieren, ob keng Kollaborateuren sech an der Gemeng ageschlach hätten. De Konsell hält dat hei fest:

Attendu qu'aucun des membres de notre conseil n'était soumis à des poursuites judiciaires pour attitude antipatriotique resp. délits contre la sureté extérieure de l'Etat etc.
Décide unanimement que les dispositions de cette circulaire ne s'appliquent donc pas aux bourgmestre, échevins et conseillers de notre commune.

Zäitzeie verzielen

Et sinn elo, wann dës Zeile geschriwwen ginn, 71 Joer hier, datt dee Krich eriwwer ass. 71 Joer Fridden a Wuelstand, dat ass et an der Bousser Geschicht, a wäit doriwwer eraus, nach ni ginn. Déi lescht Zäitzeie verschwannen, et ginn der vun Dag zu Dag manner. Duerfir ass et Zäit, datt d'Geschicht vu Groussbus am 2. Weltkrich festgehal gëtt. Mir wëssen all besser Bescheed, wat a Russland oder an der Normandie geschitt ass, wéi an eisem eegenen Duerf. D'Zäitzeien déi hei zu Wuert kommen sinn:

De *Robert Wagener* gouf de 4. Juni 1928 zu Groussbus an der Pillt gebuer, an en huet seng Kandheet a Jugend och hei verbruecht. E war duerno, bis zu senger Pensioun, Schoulmeeschter zu Téiteng. En ass ee vun deenen dräi Bouwen op der Foto vum Bousser Chrëschtbeemchen, niewent dem *Camille Schaus* an dem *Robert Dunkel*. Dat ass deen eenzegten bildleche Bewäis vun där Aktioun, vum 25. op de 26. Dezember 1940. De *Robert Wagener* huet seng Erënnerungen un de Krich opgeschriwwen, an äis se iwwerlooss fir an dësem Buch ze publizéieren. Dat hei ass eng liicht gekierzte Versioun vu sengem Original.

De *Jean Hirtz*, den 2. August 1916 gebuer, hat bis nom Krich eng Buchbënnerei zu Groussbus. En ass duerno mat senger Famill an d'Stad gezunn, hat awer nach ëmmer säi Gaart zu Bous, deen e mat senger Fra *Marie Leytem* an der Rei gehalten huet.

De *Léon Wolff*, den 20. März 1928 gebuer, am selwechten Alter wéi de *Robert Wagener*, ass ëmmer zu Bous bliwwen. En war Garagist, an eng Zäit Pompjeskommedant zu Bous.

Den *Ëtchen Winandy*, ass den 19. Juni 1905 zu Bous op d'Welt komm. E war ee vun deenen déi wéinst dem Chrëschtbeemche gebeetscht gi sinn. Den *Ëtchen* war vun 1947-1970 Gemengereceveuer zu Bous.

De *Jos Wagner*, den 9. Februar 1903 gebuer, war vun 1927-1965 Gemengesekretär zu Bous.

De *Jean Gries* war vun 1940 bis 1946 Gendarem zu Groussbus.

D'*Alice Cahen*, den 3. November 1930 gebuer, gëtt 1941 mat senger Famill a sengem Brudder *André Cahen* a Frankräich deportéiert.

Dem Robert Wagener seng Erënnerungen**D'Preise sinn do!**

Den 10. Mee 1940, vu 6:00 Auer mueres un, war alles op de Been. D'Geräisch vu ganzen Träpp vu preisesche Fligereen haten d'Leit aus dem Schlof gerass. Den 10. Mee war freides viru Päischtdag, a Päischtdag ass déi Goussbusser Kiermes. Freides ass den Dag, wou de Kiermeskuch soll gebak ginn. Mäi Papp ass duerfir em 7:00 Auer mam Vëlo an d'Duerf gefuer, fir Ram an d'Molkerei sichen ze goen. Wéi hien am Duerf bei d'Schlass koum, hunn dräi preisesch Zaldoten hien ugehalen. Déi dräi Preisen, mat grimmege Visagen, op enger Motorcycle mat Sidecar, wourop e Maschinengewier montéiert war, hu mäi Papp ugeraunt: „Der Weg nach Martelange!“ Mäi Papp koum heem, ouni Ram, bleech ewéi der Doud: „D'Preise sinn do!“, war alles wat hie konnt soen.

Ewéi all Dag si mir Kanner (ech hat deemools nach keng 12 Joer) an d'Mass an duerno an d'Schoul gaangen. De Schoulmeeschter huet äis direkt heemgeschéckt. Wéi mir aus der Schoul erauskoumen, konnte mer déi éischt Kolonne vu Camionen an Tanks gesinn, déi iwwert d'Märzegerstrooss, laanscht d'Schlass erop, an dunn an d'Gréiwelersstrooss agebéit sinn.

Ouni Ënnerbriechung, während 10 Deeg, sinn déi motoriséiert Kolonne vu Märzeg eropgezunn. De Kaméidi vun de Motoren an de Stëbs hunn d'Leit Dag an Nuecht net zur Rou komme gelooss. No deem éischte Schreck huet de Virwëtz d'Leit aus den Haiser gedriwwen; an der Mëttesstonn war d'Duerfplaz voll vun Awunner, fir sech deen ongewinnte Spektakel anzukucken.

Deen Dag duerno, et war Samschdeg, den 11. Mee, sinn am Laf vum Mueren, vu Viichten erop aner Truppen opgetaucht. Et war Infanterie mat Päerd, an alle méigleche Gefierer, déi vu Päerd gezu goufen; se sinn a Richtung Préizerdau weidergezunn. Am Nomëtteg hu si Halt gemaach. An Amen a Jo war eist Haus voller preisesch Militär. Dat waren eis „Kiermesgäscht“! An eiser Stuff hunn d'Sanitäter hiert Quartéier opgeschloen. Een nom anere sinn d'Zaldoten dohinner komm, fir hir Bloderen a bluddeg Féiss behandelen ze loossen. Deen ekelege Geroch vun Zaldoteschweess a Päerd hunn ech haut nach an der Nues, an de Gestank vun deene schweessege Féiss a vum Teinture d'iode hate mer nach e puer Deeg an der Stuff. Awer dat war nach nëmme den Ufank! Esou ass et du 14 Deeg laang virugaangen. Mat kengem gudde Gefill hu mir d'Entwécklung vun där preisescher Offensiv verfollegt.

Et war déi éischt Panzerdivisioun (12. Arméi ënner dem General *von Kleist* aus der Heeresgrupp vum *Rundstedt*), déi ënnert hirem Kommandant *Guderian* vu Wallendorf iwwer Dikrech, Ettelbréck, Feelen a Groussbus a Richtung Maarteleng sollt virstoussen. Et waren dëst vollmotoriséiert Unitéiten, déi eist Land den 10. Mee iwwerrannt hunn, an deenen eng Woch duerno den entscheidenden Duerchbroch bei Sedan gelongen ass. Doduerch sinn all franséisch Pläng duerchkräizt ginn, där preisescher Krichsmaschinn stoung de Wee op an den Norde vu Frankräich. D'Maginotlinn hat hiren Zweck verfeelt; d'Preisen hunn déi einfach léns leie gelooss.

Konserven

D'Leit, déi schon emol viru 26 Joer den 1. Weltkrich erlieft haten, wouste wat op si zoukomme géif. All déi Artikelen, déi am 1. Weltkrich net méi ze kréie waren, goufen ageluecht. Besonnesch esou Saachen, déi sech gutt konservéieren gelooss hunn: Seef, Konserven, grénge Kaffi, Salz, Zocker etc. Dat preisesch Militär huet sech vis-à-vis vun der Zivilbevölkerung zimlech korrekt verhal. Si hunn och bezuelt, wat si kaaft hunn, awer d' Geschäftsleit hunn hinnen trotzdeem net getraut, well d'Zaldote mat enger Zort Besatzungsgeld bezuelt hunn, an zwar zum Cours 1.- RM = 10.- Frang.

Déi éischt Evakuéiert kommen

Wa mir, hei zu Groussbus, wat d'Krichshandlungen ugeet, eigentlech gutt ewechkoumen, esou war dat net de Fall fir de Kanton Esch am Süde vum Land, laanscht déi franséisch Grenz. Den 10. Mee, wéi déi preisesch Offensiv iwwer eist Land gerullt ass, sinn och déi franséisch Arméien an eist Land ageréckt. Si wollten déi däitsch Offensiv am Virfeld vun der Maginotlinn stoppen. Sou koum et am Kanton Esch, vu Rodange bis op Diddeleng zu gréissere Gefechter. D' Zivilbevölkerung huet missen evakuéiert ginn. All déi Leit, déi südlech vun der Front waren, hu missen an d'Frankräich, alles wat zur anerer Säit war ass an eist Land evakuéiert ginn. Sou koumen dann och op Groussbus eng ganz Rei vu Familljen aus dem Kanton Esch, an zwar haaptsächlech vu Monnerech. Awer och vill anerer, déi iergendwéi Attachen oder Famill bei äis am Duerf haten. Dës Leit hu während sechs Wochen net dueren an hir Heemecht zréck. D'Kanner sinn hei an d'Schoul gaangen. Et waren der esouvill, datt eng extra Klass fir si geschaf ginn ass. Och an eisem Haus war eng Famill vu Monnerech op „Besuch“. Am Veräinsbau war fir d'Leit aus der Minettsgéigend eng Kichen installéiert ginn, wou si, eemol am Dag eng warem

Moolrecht zervéiert kritt hunn. Et wier hei vläicht nach festzehalen, datt dës Kiche wahrscheinlech d'Ursaach war, datt déi grouss Scheier vum Jauferhaus eng Kéier sonndes mëttes ofgebrannt ass.

De Gustav Simon

No där ongewéinlecher Kiermes 1940 ass d'Liewen um Duerf erëm virugaang. D'Schoul huet hire Betrib erëm opgeholl, an am leschten Trimester vum Schouljoer ass alles bliwwéi et war. Et huet alles geschéngt normal ze verlafen. Awer et war souzesoen die „Ruhe vor dem Sturm!“ Déi éischt Symptomer vun enger Verännerung sinn ufanks Juli opgetaucht. Ee gudden Dag hounge iwweill rout Affiche mat Nazi Hetzparolen géint d'Membere vun eiser Regierung a géint d'Judén.

Den 29. Juli 1940 mécht de *Gustav Simon*, Gauleiter vu Koblenz-Trier, seng Entrée als „Chef der Zivilverwaltung“ zu Lëtzebuerg mat der Missioun: „Das ehemalige deutsche Reichsland Luxemburg dem Deutschtum wiederzugewinnen.“ Dat war den Ufank vum Naziterror hei am Land. De „Giftzweig vun Hermeskeil“, wéi de *Gustav Simon* vu sengen eegene Konsorte betitelt gouf, huet näischt ubrenne gelooss. Op déi franséisch Sprooch hat hien et fir d'éischt ofgesinn. Sämtlech franséisch Schrëften op de Geschäfte hu missen an allerkierzter Zäit duerch däitsch Opschrëften ersat ginn: Aus enger Épicerie gouf eng Kolonialwarenhandlung, aus engem Hôtel e Gasthaus etc ... Esouguer franséisch Vir- a Familljennimm sollten ëmgedäitscht ginn: De *Roger* gouf e *Rüdiger*, den *Armand* en *Hermann* a.s.w.

Pressezensur

Fir d'Lëtzebuerg gëint d'Fransousen opzehetzen houg e Plakat un de Maueren, mat dem Denkmal vum Klëppelkrich. Et

D'Preise besetzen den Haff a Luermes 1940
Uewen de Paul Eyschen mat engem Zaldot, ënnen d'Berthe Eyschen-Clerf mat de Kanner Nicole, Emile a Paul Eyschen



ass esouguer verbuede ginn de Beret ze droen. Eis Zeitunge sinn ënnert d'Nazizensur komm, et stoung nëmme méi dat dran, wat d'Preisen toleréiert hunn. D'Lëtzebuerg Zeitung, de Journal vun deene Liberalen, ass gläich ganz verbuede ginn. Den Direkter, de *Batty Weber*, ass verhaft ginn. Mäi Papp war op dës Zeitung abonnéiert. Well et awer net méi méiglech war, sech op eng aner Lëtzebuerg Zeitung ze abonnéieren, hu mir missen d'„Nationalblatt“, dat zu Tréier gedréckt ginn ass, abonnéieren.

Nei Schoulbicher

No der grousser Vakanz 1940 sinn dann och gläich am Schoulbetrib grouss Ännerungen agetratt. D'franséisch Sprooch ass einfach vum Stonneplang verschwonnen. Et ass och net méi gebiet ginn wann d'Coursen ugefaangen hunn. Dat ass ersat ginn duerch den „Deutschen Gruss Heil Hitler.“ Déi Lëtzebuerg Schoulbicher sinn a Rekordzäit duerch preisescher ersat ginn, de Portrait vun der Grande-Duchesse huet missen deem vum *Hitler* Plaz maachen. De Schoulmeeschter huet sech missen derzou hirginn fir all Dag de „Wehrmachtsbericht“ virum der Klass virzeliesen. Den *Här Manternach* hat déi penibel Missioun dem *Marxen Alice* matzedeelen, datt hatt als Jüdin net méi dierft an d'Schoul ze kommen.

Lëtzebuerg Preisen

Am Hierscht 1940 hu verschidden Opportuniste geduecht, et wier elo de Moment sech no deem neie Wand ze riichten. Hiren Numm war huerteg fonnt, et waren déi sougenannte „Lëtzebuerg Preisen.“ Do war un éischter Plaz de *Victor Schaus*. Hie war e gebiertege Mäerzeger. Vu Beruff war hien Usträicher. En etlech Jore virum Krich hat sech de *Schaus* zu Groussbus etabléiert, hie war bestuet an hat zwee Kanner. Hien huet an deem Haus gewunnt, dat allgemeng „Al Gendarmerie“ genannt gouf. (Spéider huet de *Jean Dummong* do gewunnt). De *Victor Schaus* war virum Krich duerchaus beléift am Duerf. Hien huet vläicht e bëssen iwweill seng Verhältnisse gelieft, en ass schonn deemools mat enger décker Maschinn gefuer a seng Fra, déi sech iwweillens a perfektem pafendauler Lëtzebuergesch ausgedréckt huet, war ëmmer no der leschter Moud gekleet. Hie war esou „beléift“, datt hien esouguer bei den décker Baueren op d'Hochzäiten invitéiert gouf. Et war fir dës Leit herno peenlech den *Här Ortsgruppenleiter* op hirer Hochzeitsphoto erëmzugesinn. Dee galanten *Här* sollt säi richtege Charakter a seng Arroganz geschwënn op eng onerwaart Manéier weisen. Et ass geschwat ginn, e wier a schlechte Geschäfte a stéing kuerz viru senger Faillite. Op jidde

Fall muss hie frou gewiescht sinn wéi d'Preisen an eist Land agefall sinn; hie war deen Eenzegen, deen déi preisesch Zaldote frëndlech begréisst huet, wéi hien hinne ganz Päck Zigaretten op d'Tanks zougeworf huet. Dese Mann war et, deen sech derzou hirginn huet d'Initiativ ze ergräifen, fir den Nationalsozialismus hei zu Bous an der Ëmgéigend ze verkënnegen. Hien hat dann och gläich en etlech „Sinnesgenossen“ fonnt. Deen een war e gebiertege Preiss, eng onduerchsichteg Gestalt, ouni eegentleche Beruff.

De *Reisass* huet an der Driicht gewunnt, hie war esou eppes ewéi eng „Éminence grise“ an där ganzer Geschicht, et kann een dervun ausgoen, datt dese Mann d'Ficellen am Hannergrond gezunn huet, ouni selwer allzevil an der Effentlechkeet ze erschéngen. Hie war éischter op säin eegene Profit aus. Dat huet hie bewisen, wéi d'Famill *Bert* a *Ferd Cahen* sech am onbesate Gebitt am Frankräich a Sécherbeet bruecht haten, dunn huet deen opportunisteschen *Här* d'Geschäft vun der Famill *Cahen* op säin eegene Compté iwweill. De *Reisass* war Protestant, war bestuet a war Papp vun engem erwuessene Jong, deen sech herno fräiwëlleg an d'SS gemellt huet.

De *Batty Schneider* war éischter e Matleef, en huet op der Bëls gewunnt, an deem alen Haus *Leysen*, e war bestuet a Papp vun zwee klenge Kanner. De *Batty* war zu Gilsdorf doheim, en ass eréisch kuerz virum Krich op Groussbus komm, a war vu Beruff Plafonnéierer.

Deejeinegen, deen de *Batty* derzou bruecht hat preisesch ze ginn, war de *Jean Schiltz*. Dat war allerdéngs en ale Goussbusser. De *Schiltz Jäng* war vu Beruff Bannhider a Gemengebuet. Allerdéngs war en dat méi um Papeier. Seng Haaptbeschäftigung war déi als Juegdhider beim Vicomte *de Baré*. Dese belschen Adelegen hat aus der Faillite vum fréieren Notär *Reiffers* vun Useldeng all déi Lännereien a Bëscher opkaaft, déi an der Zäit zum Goussbusser Schloss gehéiert hunn. De Vicomte *de Baré* huet op der ieweschter Mille gehaust, déi hien sech ganz renovéiert hat.

Da wier awer nach den *Tun Paulus* ze nennen, e gebiertege Eschduerfer. Hien hat eng preisesch Fra, an si hunn zesumme mat hiren zwee Kanner an engem klengen Haus um Walzeberg gewunnt. Hien a seng Fra waren Doléiner. Wahrscheinlech op d'Awierke vu senger Fra, déi sech als „Reichsdeutsch“ dem „Vaterland“ verpflichtet gefillt huet, ass de *Paulus* alt op deem neie Wee matgetrëppelt, an der Hoffnung, vläicht eng Kéier ënnert deem neie Regime iergendee gudde Posten ze erwëschen. Den *Aloyse*, hire Fils, war scho mat Zäit Member vun der

SA an hien huet sech kuerz derno fräiwëlleg an d'SS gemellt.

Doniewent wier nach de „Boxeschneider“ ze ernimmen. Säi Familljennumm war *Kaiser*. Dese Mann hat sech kuerz virum Krich zu Groussbus als Schneider etabléiert. En huet am Haus *Glesener*, op der Duerfplaz gewunnt, an deem Haus wat spéider vu *Carriers Maria* kaaft ginn ass. De Boxeschneider huet net laang Mëscht zu Bous gemeet, keen anständige Mënsch huet méi bei him schaffe gelooss, duerfir ass hie scho geschwë geplënnert, well hien hei zu Bous souwisou erhéngert wier.

Mat der Zäit hunn sech nach eng Rei vu Leit fonnt, déi et mat der Angscht ze di kritt hunn. Dës haten iwweill näischt mat Nationalsozialismus ze dinn, mä se si vu verschiddene Säiten därmoossen ënner Drock gesat ginn, datt se alt gemeet hunn wéi wann. Dat ware virum allem eis Bréifdréier mat hirem Chef an der Post, déi spéider all mateneen esouguer an d'Partei (NSDAP) agetratt sinn, an domat sech selwer an hir Familljen nom Krich an d'Ongléck bruecht hunn.

VDB

De 17. August 1940 huet den *Damian Kratzenberg* an enger „Grosskundgebung“ an der Ausstellungshal um Lampertsberg an der Stad, déi „Volksdeutsche Bewegung“ ausgeruff. (kuerz VDB genannt) Schonn de 14. August 1940 hat de Gauleiter *Gustav Simon* e Sondergericht agesat, dat vun elo un dat „Däitscht Recht“ sollt zur Uwendung bréngen. Vun elo u sinn eng ganz Rei vu Selbstverständlechkeeten a vu Fräiheeten als Verbriche betruecht ginn. Esou ass d'Versammlungsrecht opgehuewe ginn, d'Lauschtere vun „deutschfeindlichen Funknachrichten“ war verbuede, grad ewéi de Verkéier mat Krichsgefaangenen etc. „Zuwiderhandlungen werden mit Gefängnis oder Haft bestraft, in schweren Fällen kann auf Zuchthaus oder Todesstrafe erkannt werden.“ Dat war eng Sprooch, déi mir an eistem Land net gewinnt waren! Et war d'Sprooch vun der Diktatur, un déi mir äis elo hu misse gewinnen. Wat dat alles sollt bedeiten, sollte mir ganz séier hei zu Groussbus erliwien.

An all Uertschaft ass eng Grënnungsversammlung vun der VDB ofgehele ginn. Fir dat „wichtig Ereignis“ an engem „würdige“ Kader ze feieren ass de Sall am Veräinsbau ëmgemodelt ginn. Der Musek hir Bühn gouf ofgerappt. An d'Plaz koum e Podium mat engem Rednerpult, an op engem hëlzene Sockel eng Büst vum „Führer“. D'Mauere goufe mat 3 Meter laangen Hakekräizfändele gerëscht. An der Grënnungsversammlung sinn dann, dem *Schaus* seng Akkolitten an hirer neier Tenue opmar-

schéiert. Dës Tenue bestoung aus enger schwaarzer Box an engem wäissen Hiem mat enger schwaarzer Cravatte. Et hätt ee kënne mengen se wieren all am Trauer, wann se net um rechten Arem dee roude Bändel mat dem Hakekräiz gehat hätten. E Parteigenosse aus dem „Altreich“ ass als Riedner opgetratt, deen deen neie Regime proklaméiert huet; bei dëser Geleeënheet ass de *Victor Schaus* als Ortsgruppenleiter virgestallt ginn. No der Versammlung ass d'Lidd „Deutschland, Deutschland über alles“ an d'Horst Wessellidd „Die Fahne hoch“ ugestëmmt ginn. Wéi et bei de Preisen üblech war, gouf deemools alles bis an dee leschten Detail organiséiert. Un der Spëtzt vun der „Landes-VDB“ stoung den *Damian Kratzenberg*, Professor am Athenäum.

Nei agedeelt

D'Land war opgedeelt a verschidde Bezierker oder „Kreise“. Groussbus huet zum „Kreis Diekirch“ gehéiert, deen hat als Chef de „Kreisleiter“ *Kaiser* (vun deem mer spéider nach eppes héiere wäerten). Him ënnerstallt waren d'Ortsgruppenleiter, déi haten d'Verantwortung iwwer verschidden Uertschaften oder „Zellen“. Den „Zelleiter“ huet an den Dierfer „Blockleiter“ engagéiert, déi zoustänneg waren an deenen eenzelne Quartieren oder Stroossen. No an no sinn dann och all déi aner Nazi-Organisatiounen opgetaucht: Hitlerjugend (HJ), Bund Deutscher Mädchen (BDM), NS-Frauenschaft, Arbeitsfront, SA, SS, NSDAP, Winterhilfswerk, fir nëmmen déi ze nennen.

Fir all déi Posten ze besetzen, si vill Leit gebraucht ginn. Well keng Freiwilliger do waren, sinn der da gesicht ginn, déi ee konnt op déi eng oder déi aner Manéier ënner Drock setzen. Dat ware virun allem d'Staatsbeamten an d'Léierpersonal. Hinnen ass riicht eraus gesot ginn, si sollten e bestëmmt Posten acceptéieren, soss géifen si an Däitschland versat, oder si krite d'Liewensmëttelkaarten entzunn. Déi meescht hunn dat klengert Iwwel virgezunn an hunn, nolens volens, irgendee Posten ugeholl. A ville Fäll sinn si esouguer forcéiert ginn, eng Uniform ze acceptéieren. Haut ass et schwéier d'Ëmstänn vun deemools ze verstoen, et war jo Krich, d'Leit hu vun Dag zu Dag an der Angscht gelieft an d'Liewensmëttel ware rar.

Den 29. August 1940 ass de „Stillhaltekommissar für das Organisationswesen in Luxemburg“ agesat ginn. Wat dat sollt bedeuten konnt kee Mensch sech virstellen. Dat sollt sech awer geschwënn neren. All Veräin an Organisatioun huet sech bei dësem Kommissar op der Kreisleitung n.

D'Musek gött opgeléist

Op Léiffrakraudtag war eis Musek nach mat der Prässioun gaangen, a schonn e puer Deeg méi spët huet de Stillhaltekommissar d'Keess an d'Verméige vun der Fanfare konfiskéiert. De *Schaus* huet d'Musek wesse gelooss, si kéinten als „SA Ortsgruppenmusikzug“, mat Stiwwelen an Uniform virubestoen. An enger Generalversammlung am *Café Metz* hunn d'Memberen dunn eestëmme beschloss, d'Musek opzeléisen. Dat war eng ganz kloer Reaktioun an och eng éischt Resistenz géint deen neie Regime. Et war och fir eisen opportunisteschen Ortsgruppenleiter en zolitte Fouss hannebäi. No gudder Nazi-Manéier wollt hien déi Blamage net esou einfach iwwert sech ergoe loossen. D'Instrumenter vun eiser Musek huet déi Mäerzeger Musek kritt, well déi bereet waren als Ortsgruppenmusikzug weiderzestoen.


15. August 1940



De Chrëschtbeemchen

Fir Chrëschttag 1940 ass dann, nient der Kierch, op Initiativ vun deenen neien Hären e Weihnachtsbaum mat Belichtung operéiert ginn. An der Nuecht vu Chrëschttag op Stiefesdag ass de Bam awer eréischt richteg gerëscht ginn. Wéi d'Leit mueres an d'Mass koumen, war de Bam vun ëne

bis uewe mat rout-wäiss-bloe Fändele behaang, an der Mëtt houg och nach e grouse Panneau mat der Schrëft: Vive Charlotte. Déi Goussbusser hunn sech doriwwer gefreet an och gelaacht. Si hunn sech gefrot, wat fir Artisten et fäerdeg bruecht haten, an der Nuecht, dëse Bam, deen ëmmerhin ëm déi 6 Meter héich war, esou flott ze rëschen.



De Chrëschtbeemche vun 1940
Robert Dunkel, Camille Schaus, Robert Wagener
D'Originalfoto war schwaarz-wäiss an ass eng Kéier nogefierft ginn.

Dem Schaus seng brutal Revanche

Dem Schaus seng Reaktioun ass net ausbliwwen, zemools well d'Nouvell vum Goussbusser Chrëscht-beemchen net nëmmen an der Ëmgéigend, mä am ganze Land fir Gespréichsstoff gesuert huet. E puer Deeg méi spéit, an der Nuecht vu samschdes op sonndes, vum 27. op den 28. Dezember 1940, koumen an engem Café zu Platen verschidde „Stosstrupps“ zesummen, wéi de *Winandys Ètchen* se tituléiert. Et ware Rapper a Kläpper vun der Schrooster Zort, déi de Schaus zesummentrommele gelooss hat. Vu Wolz, Iechternach, Dikrech, Veianen an Ettelbréck, alleguer schonn an der SA organiséiert, déi bei dëser Geleeënheet hiert Meeschterstéck sollten ofleeën. Wéi se genuch gesoff haten a richteg opgehetzt waren, koumen se géint 11:00 Auer nuets erop op Groussbus.

Den Ètchen Winandy gëtt hallef doutgeschloen

Nom Krich huet hien dat hei opgeschriwwen.

Eng onheemlech Nuecht

Et war ausgaangs Dezember 1940. Et louch Schnéi an et war zimlech kal. Fir Chrëschttag haten d'Preisen e „Weihnachtsbaum“ opgeriicht an dodrun hunn nuets elektresch Luuchte geliicht. Op Stiefesdag mueres gesouchen d'Leit, datt de Bam mat klenge Lëtzebuenger Fändele geréscht war, an et houg e Schëld do mat der Schrëft: „Vive d'Groussherzogin Charlotte!“ Dat gouf natierlech eng grouss Opreegung, an dat huet missen hannerëm schloen. E puer Deeg méi spéit, an der Nuecht vu samschdes op sonndes, vum 27. op den 28. Dezember, koumen an engem Café zu Platen verschidde „Stosstrupps“ zesummen, vu Wolz, Iechternach, Dikrech an Ettelbréck, elauter Lëtzebuenger Judassen. Wéi se genuch gesoff haten, a richtig opgehëtzt waren, koumen se esou ëm 11:00 Auer erop op Groussbus, a schloen am Café *J.P. Schmit-Wiltgen* alles kuerz a kleng. Du brieche se an d'Haus *Alex Pletschette* an, a verhaften de *Jacques Pletschette*. Den *Ugeen* an den *Néckel Pletschette* konnten sech nach am leschten Ament aus dem Stëbs maachen. Du geet déi Band a schleeft och den *Néckel Wagener*, den *Néckel Lieffrig*, den *Ugeen Kemmer*, de *Bertie Cahen*, de *Jos* an den *Ugeen Elsen*, den *Néckel Schaul* an de *Misch Heymans* erbäi.

Ëm Hallefnuecht rubbelen se och un eiser Dier. „Hei ass e vol-léksdäitsche Stosstrupp, maacht op!“ Wéi se mech an e Liwwerwon geschleeft hunn, soutz do schonn de *Jos Wallenborn*, a mir goufe l...ll déi aner an de Café *Schmit* gefouert. Déi Manne upp hu méiglechst grimmege dragekuckt, an se haten s am Grapp: Pompjeesbellen, Stempelen vun den ll an esou weider. An der Mëtt vun der Wiertsstuff

stoung den Ortsgruppenleiter, an e versoffene Student vun Iechternach. Deen hat e Revolver am Grapp, an e ranzt äis un: „Ihr deutschfeindliches Gesindel. Hier könnt Ihr sehen was euch blüht. Wer flieht, wird auf der Flucht erschossen!“ Um Enn vu sengem zimlech langweilige Gesabbel jätzt en: „Und jetzt wollen wir uns den Juden vornehmen!“

E puer vu sengen Geselle räissen de *Bertie Cahen* aus eiser Mëtt eraus. E sollt forcéiert ginn, mat engem zerbëllsten Eemer duerch d'Duerf ze goen, mat engem Stéck Holz drop ze trommen an ze ruffen: „Ich bin ein Jude!“ An deem Ament koum seng Duechter *Milly* eran, an et seet: „Mäi Papp ass en ale Man, gitt mir den Eemer, da ruff en ech et!“ An hatt geet mat sengem Papp an dem „offizielle Cortège“ duerch Duerf an et rufft: „Ich bin eine Jüdin!“ Ech muss soen, et huet mir gekacht, an ech hu missen u mäi Papp denken, a wann se hien esou géife verhonnen. Schliesslich goufe mer all an eng Camionnette gelueden; déi verschidde Stosstrupps mat hiren Autoen hannendrun, a fort goug et.

„Wann et elo éierens ferrem de Biergop geet, an se mussen méi lues fueren, da forcéieren ech d'Dier op, an da kucke mer all, datt mer séier verschwonnen sinn“, sot de *Lieffrig Néckel*, ma se féieren äis nëmme bis op d'Duerfplaz. Mir goufen dunn eenzel aus dem Auto geholl an an d'Meederchersschoul geschleeft. Ech war schliesslich de Leschten. Am Schoulsall souz erëm deen Iechternacher um Pult vun der Léierin, an den Ortsgruppenleiter stoung niewent him. Se haten e staarke Phare esou opgestallt, datt mir hu missen direkt drakucken, an da ware mer geblennt. Am Verhéier gouf ech dann ënnert anerem gefrot, firwat datt ech nach net an der V.D.B. wier?

„Et gouf mir gesot, et wier fräiwëlleg.“

Ob ech déi Lëtzebuenger Fändelen opgehaang hätt?

„Neen.“

Ech hätt awer Bescheed gewosst!

„Ech hunn se op Stiefesdag mueres gesinn.“

Esou goug et weider, a schliesslech gouf ech zu „siebenfacher Ration“ veruerteelt. Du gouf ech tèschent zwou Reie vun deene Banditen erduerch geschleeft, an déi hunn hiert Meesch an hiert Bescht gemeet, fir nëmmen dropzeschloen. Déi zwéi Lescht huele mech mat den Ärem, an ewéi en Huewersak werven se mech op de Bitzdësch, wou d'Meedercher an hirer Handaarbeitsstonn ronderëm sëtzen. Du goug et eréischt richteg lass mam Dropschloen. Ech gouf erëm op d'Bee gesot.

„Heil Hitler!“ Se brëllen du méi haart: „Heil Hitler!“ ... Ech koum erëm op de Bitzdësch a krut eng verbessert Portioun.

„Heil Hitler!“ ... Du schléit esou e Bëlles mech mat engem Geméisticker op de Kapp, an ech ginn an d'Knéien.

„Heil Hitler!“

Wéi ech meng Gedanken erëm e bësselche beieneen hat, duecht ech: Och wat, et ka schliesslech kee soen, ech hätt et mat Be-

geschterung gesot, an ech sot: „Heil Hitler.“

Du krut ech nach eng Priedegt, an ech konnt heemgoen. Ech konnt nach deeglaang net um Réck leien. Ma hannen um Enn ass alles erëm ausgewuess.

Zäitzeie sinn sech net ëmmer eens

Maache mer hei eng Klammer op, fir ze weisen, datt verschidde Zäitzeien och verschidde Erënnerunge kënnen hunn. D'Geschicht vum Bousser Chrëschtbeemchen ass nom Krich a ville Veräinsbrochurë publizéiert ginn, sou wéi den *Ètchen* se verzielt a selwer opgeschriwwen hat. Et huet duerno ëmmer een se vun deem aneren ofgeschriwwen, ouni se ze hannerfroen. Den *Ètchen Winandy* huet dës Episod selwer, 45 Joer méi spéit, e bëssen anescht verzielt wéi direkt nom Krich. D'ëischt sollt de *Jacques Pletschette* déi Foto geknippst hunn, duerno soll en zwar d'Fändele mat opgehaangen hunn, awer d'Foto wier vum *Irma Eyschen* gemeet ginn. De *Robert Wagener*, dee selwer op de Foto drop ass, seet dat hei: De *Jacques Pletschette* huet d'Fändelen an d'Schëld un de Beemche gehaangen, (mat nach aneren déi d'Leeder gehalen hunn). D'Bild vun der *Groussherzogin Charlotte* a vum *Prënz Felix*, déi an der Schoul hougten, hunn se erofgeholl a mat Broschen an de Reider geneelt. Un de Beemche koum e Schëld Mat «Vive Charlotte» drop.

Eng aner Versioun geet esou: D'Foto ass vum *Irma Eyschen*, (*Luermes Irma*) gemeet ginn. Si huet direkt niewent der Kierch gewunnt, an déi Foto mueres virun der Mass gemeet. Dat huet och den *Tony Paquet* bezeit, deen duerno mam *Nicole Eyschen* aus *Luermes* bestuet war. Den *Tony Paquet*, (*Metzlesch Tunn*), de Jong vum *August Paquet* huet déi aner Sait vun der Strooss gewunnt. Do wou spéider d'Epicerie Cogenal war, hat den *August Paquet* seng Metzlerei. D'Originalfoto war schwaarz-wäiss, duerno sinn d'Fändelen agefierft ginn.

Da gëtt et nach eng 3. Variant, déi awer wäit vun der Wouerecht ewech ass. Déi steet an engem Bréif vum *Antoine Funck*, dem deemolege Lëtzebuenger Honorarkonsul fir Frankräich zu Marseille, vum 29. März 1941, un d'Exil-Ministeren *Dupong* a *Bech*. Do steet ënner anerem dran, d'Groussbusser Jugend hätt dee Beemchen opgeriicht, an se hätten e Bild mam Roude Léiw niewent d'Fändele gehaangen. Déi preisesch Kläpper wiere mat engem Bus vun Ettelbréck komm, an de Chauffeur hätt déi Bousser Jongen nach kënnen warnen, dofir hätten déi sech all kënnen verstoppen. Bei där Strofaktioun zu Bous wier et een Doudege ginn, e puer wieren der zum Krëppel geschloe ginn, an déi aner wiere mat Blessen dervu komm.

Nowéien

De *Robert Wagener* fiert weider mat sengen Erënnerungen: Den *Alexe Jacques* (*Jacques Pletschette*) hat et am schlëmmsten erwëscht. Him haten se d'Nieme futtigeschlo. De *Jacques* hat vun do un säi ganz Liewe laang Péng am Réck; hien huet all Dag Medikamenter missen huelen, fir kënnen einigermoossen ze bestoen.

Mäi Papp (*Néckel Wagener*) war ugeklot, well mir an der Stuff e Bild vun der Groussherzogin *Charlotte* an dem *Prënz Felix* opgehaang haten. Ee vun dem *Schaus* sengen Akkolitten, wahrscheinlech de *Schiltz*

Jean hat äis ugeschass, well soss keen an eisem Haus passéiert war. Mäi Papp hat d'Chance ouni Streech dervunzekommen. De *Bäcker Néckel* och, awer wéi hien d'Schoultrap erofkoum, du krut hien nach e Coup mat engem Mousstuckert an d'Genéck. Wéi hien heemkoum, hat en eng Knupp am Genéck esou déck ewéi e Gänsenee.

Et fält op, datt mat Ausnahm vu mengem Papp, dem *Bäcker Néckel* an dem *Ugeen Kemmer*, déi Verhaften alleguer an der Goussbusser Musek waren. Déi Deeg duerno huet d'Noriicht vun den Evenementer zu Bous den Tour duerch d'ganz Land gemeet. Et war déi éischt Strofaktioun vun den Nazien an där Art am Land. Trotz all senge Beméiunge war et dem *Schaus* net gegléckt erauszufannen, ween dann elo eigentlech de Chrëschtbeemche geréscht hat. Wat bei der ganzer „Nacht und Nebeloperatioun“ nach opfällt, ass d'Tatsaach, datt keen Eenzege derbäi war aus dem Pafendaul. (Der Mäerzegerstrooss) Wahrscheinlech wollten d'Preisen ze vill Onrou an der Géigend vun der Gendarmerie evitéieren. Normalerweis hätt esou e Bandittestreech jo scho missen e geriichtlecht Nospill kréien; dat war net de Fall. Waren d'Gendaarmen net esou king eppes ze ënnerhuelen, oder hunn si net dierfen, oder waren si eventuell mat am Coup? Doriwwer ass an aller Heemlechkeet diskutéiert ginn. Dës Affär hat déi Goussbusser operéiert, si si vun do u vill méi virsichtig ginn.

D'Liewen ass virugaangen

Natierlech ass d'Liewe virugaangen. All déi Change-menter, déi d'Besatzung mat sech bruecht hat, hunn d'Leit mussen iwwer sech ergoe loossen. Eist Lëtzebuenger Geld war agezu ginn an duerch d'Reichsmark ersat ginn, zum Cours 10:1, fir 10.- Frang krute mer eng Mark. All Dag huet nei „Verordnungen“ bruecht. D'Liewensmëttel goufe rationnéiert: All Mount goufen nei Liewensmëttelkaarten un d'Bierger verdeelt. No den Erfahrungen aus dem 1. Weltkrich, dee jo nach a gudder Erënnerung war, hunn d'Leit sech dementspreechend ageriicht. Wéi dat op dem Duerf deemools nach de Fall war, haten och d'Awunner vu Groussbus bal alleguer e puer Kéi am Stall, och déijéineg, déi kee richteg Bauerwiesen haten. Niewent de Béischten haten se och e puer Schwäin, eng Partie Hinger an en etlech Kanéngercher.

De gréissten Deel vun de Stéit ass esouguer als „Selbstversorger“ vum „Ernährungsamt“ klasséiert ginn. Déi eenzel kleng Gemenge goufen opgeléist, a mat aneren zesummegeleecht. Groussbus war eng Sektoun vun der Amtsbürgermeisterei vun Ettelbréck. Nëmme fir speziell Déngschter huet e

Büro stonneweis fonctionnéiert, z.B. fir d'Liewensmëttelkaarten auszedeelen.

Schluechten

Wann e Schwäin geschluecht ginn ass, huet een dat misse virdrun deklaréieren. Nom Schluechten ass een extra duerfir bestëmmte „Wiegemeister“ passéiert, deen d'Schwäin gewien huet. D'Resultat dovunner ass dann der Familljen op hir Fleeschration guttgeschriwwen ginn. Um Duerf bestoung nach d'Méiglechkeet, sech mat enger zousätzlecher „Schwarzschlachtung“ vun engem gudden Brillék seng Ratioun ze verbesseren. Duerfir huet een awer fir d'Éischt e Fierkel missen hunn, dat op kenger offizieller Lëscht figuréiert huet. Dobäi war et net fir sech erwächen ze loossen, weder déijéineg, déi dat Déier verkaaft hunn, nach déijéineg, déi et kaaft hunn. Periodesch sinn nämlech d'Ställ kontrolléiert ginn; a wann den Inventar net gestëmmt huet, war d'Bétschel fett. Munchereen ass duerch esou eng Affär an de Prisong koom.

Fir neit Gezei oder e Puer Schung ze kréien, huet ee missen en „Antrag“ op der „Bürgermeisterei“ maachen. Wann ee Chance hat, krut een eng positiv Äntwert, dann haten d'Leit e „Bezugsschein“ am Grapp, domat konnt een dann e Puer Schung oder e Stéck Gezei am Geschäft kafen. D'Produkte an de Geschäfte hunn d'Marke changéiert. Déi nei Saache goufen aus dem Preiseschen importéiert. Déi eeler Leit hunn sech un déi Zäit erënnert wou eist Land nach am däitschen Zollveräin war. Vill Artikelen, wéi Kaffi, Schokela oder Banane sinn et iwwerhaupt net méi ginn. Duerfir gouf et „Ersatz“ vun alle méigleche Wueren. Dëse Begrëff war esou nei, datt en esouguer an d'franséisch Sprooch opgeholl ginn ass, well d'Fransouse kee Wuert parat haten, fir dat verständlech auszudrücken.

Obschonn datt alles rationnéiert war, an datt munches net méi ze kréie war, hunn d'Leit op den Dierfer, wat d'Liewensmëttel ubelaangt, sech eigentlech net hu brauchen anzeschränken. Dat war awer an de Stied net grad esou. D'Leit aus der Stad a vum Minett hunn sech op eemol erëm un hir wäitlefeg Famill a Kosengen um Land erënnert. Besonnesch sonndes sinn si komm, fir sech bei der aler Famill fir d'Éischt emol eng Kéier bëlleg de Bauch voll ze schloen, an dann eng Ham, en etlech Pond Botter, Speck an och e puer Dosen Eeër ze handelen. D'Preisen hunn dat eng Zäit laang toleréiert. Mä méi spéit am Krich huet d'Polizei iwwerall Kontrollen gemeet, besonnesch an den Zich, déi aus dem Éislek koumen. D'Saache si konfiskéiert ginn, an d'Hams-terer ware frou, wann si ouni Protekoll dervu koumen.

Den Terror hëlt nei Formen un

Op den Dierfer hate mer deemools nach keng Stroossebelichtung; souwisou wier déi ausser Betrib gewiescht wéinst der „Verdunkelung“. Zënter Ufank vum Joer 1941 huet owes alles missen däischter sinn, fir deene „feindliche Flieger“ keng Unhaltspunkten ze liwweren. Dat huet derzou gefouert, datt et nuets stackdäischer dobausse war. Do sinn dann déi liichtschei Bridder owes vun Haus zu Haus geschlach, fir bei de Fënsteren ze lauschten ob vläicht een den englesche Sender gelauscht huet. Deemools haten nach wéineg Leit iwwerhaupt e Radio, dat huet d'Kontrollen zimlech vereinfacht. Mir haten déi Zäit e gudden Hond am Haus, deen alles gemellt huet, wat dobausse lass war. Dacks owes huet de Flocki ugefaangen ze billen, da war et héich Zäit ëmzeschalten. Wéi dudd d'Grande-Duchesse Charlotte all Sonndeg iwwer d'BBC geschwat huet, hate mir ëmmer d'Noperen an der Stuff, wat och net ouni Gefor war.

NSDAP. Gauleitung Moselland Der Gaupropagandaleiter

Volksgenosse, sieh dich vor!

Bei Terrorangriffen kommt es auf jeden an!

Eine alte Erfahrung ist es, daß eine Gefahr sich nur dann zu einer Katastrophe auswirken kann, wenn sie unerwartet hereinbricht. Ist aber die Gefahr rechtzeitig erkannt und sind alle notwendigen vorbereitenden Abwehrmaßnahmen getroffen, dann hat die Gefahr in vielen Fällen schon ihre Schrecken verloren und kann durch Mut und Entschlossenheit gemeistert werden. Deshalb wird nochmals auf folgendes hingewiesen:

A. Vorbeugende Maßnahmen

1. Verteile alle entbehrlichen Wäsche-, Kleidungsstücke, Familienandenken, Möbel und sonstige wertvolle Sachen aufs Land. Möglichst auf verschiedene Orte.
2. Bestandsaufnahme aller dann noch vorhandenen Einrichtungsgegenstände. Alle Gepäckstücke und Ausrüstungsgegenstände sind innen und außen mit der vollen Anschrift zu versehen.
3. Zum Schutzraumgepäck gehören: Leibwäsche; bei Kleinkindern Säuglingswäsche, Milchflaschen, Gummisauger; Verpflegung für einige Tage; Edgeschirre und Edbestecke, möglichst unzerbrechlich; sowie sonstige persönliche Gebrauchsgegenstände. Außerdem gehören dazu das Vermögensverzeichnis, Wertpapiere, Versicherungsscheine, Urkunden, wichtige Ausweise, Lebensmittellisten, Kleiderkarten, Wertgegenstände und Bargeld. Größere Geldbeträge gehören auf die Bank.
Decken und warme Kleider bereitlegen. Volksgasmaske nicht vergessen! Behelfsmäßigen Atemschutz anfertigen. Ein oben offenes, viereckiges Leinwandtäschchen, in der Größe 5×5 bis 10×10 cm, wird, mit vier schmalen Bändern versehen, am Hinterkopf zusammengebunden. In das Täschchen kommt nasser Mull oder Watte.

B. Luftschutzbereitschaft des Hauses

1. Ist die Entrümpelung im ganzen Haus einwandfrei durchgeführt? Hierzu gehören auch Nebengebäude, Schuppen und in landwirtschaftlichen Anwesen die Höfe.
2. Sind sämtliche Räume einschl. der Treppenhäuser in deinem Hause vorschriftsmäßig verdunkelt? Es darf kein Lichtschein nach außen fallen.
3. Stehen genügend Ausrüstungsgegenstände sowie Wasser und Sand zur Brandbekämpfung bereit? Notwendig sind Luftschutzhandspritzen, Einreißhaken, Feuerpataschen, Wasserbehälter, Schaufeln, Spaten, Äxte, Beile. Reichlich Wasser und Sand sind erforderlich. Für jede Haushaltung sind 1—2 gefüllte Wassereimer bereitzustellen, für jeden Raum müssen mindestens zwei mit Sand gefüllte Tüten vorhanden sein.

4. Luftschutzraum.

Der Luftschutzraum kann für längere Zeit als Aufenthaltsort in Frage kommen. Er muß daher Sitz- und Liegegelegenheiten enthalten, wohnlich eingerichtet sein und täglich gelüftet und gesäubert werden. Auch hier genügend Geräte zum Durchbrechen des Brandmauerdurchbruchs bereitstellen.
Für Wasser (auch Trinkwasser) und Sand sorgen!
Luftschutzapotheke und Notkrankenwagen bereithalten.
Notbeleuchtung im Schutzraum nicht vergessen.

C. Verhalten bei Fliegeralarm

Lege bei Fliegeralarm sofort zweckentsprechende Kleidung an. Bist du als Selbstschutzkraft eingeteilt, so lege auch deine persönliche Ausrüstung an. Suche sofort den Luftschutzraum auf. Sind im Haus hilfsbedürftige Personen oder Frauen mit mehreren Kindern, dann helfe hier mit und Sorge dafür, daß alle rechtzeitig den Schutzraum aufsuchen können. Das Luftschutzraumgepäck ist sofort mitzunehmen.

Bist du zufällig kurze oder längere Zeit abwesend, dann melde das dem Luftschutzwart und übergehe ihm deine Wohnungsschlüssel, Vorgartentüren, Haustüren, Wohnungstüren und Speichertüren sind offen zu halten. Bewahre Ruhe im Luftschutzraum, damit am Tage schwerarbeitende im Schutzraum schlafende Hausbewohner nicht unnötig gestört werden.

D. Verhalten bei Luftangriffen

Bewahre bei Luftangriffen Ruhe! Sorge dafür, daß sich jeder einzelne, solange wie es möglich ist, bei der Bekämpfung der entstandenen Schäden einsetzt. Ist dein Haus so schwer beschädigt, daß dadurch der Aufenthalt im Schutzraum unmöglich wird, müssen sofort sämtliche Personen auf kürzestem Wege ins Freie! Gegebenenfalls müssen hierbei brennende Flure und aus Häusern schlagende Flammen überwunden werden. Dies ist durchaus möglich mit Hilfe von übergeschlagenen, völlig durchnässten Decken oder Kleidungsstücken. Bei kleinen Kindern ist auf totalen Schutz dieser Art zu achten. Alle wenig bekleideten Körperteile sind in gleicher Weise zu schützen. Fluchtwege, Splittergräben und Fluchtziele müssen vorher festgelegt sein, damit sich sämtliche Personen ohne weiteres auch selbständig dorthin begeben können.

E. Verhalten bei einem Katastrophenfall

Ist durch einen Angriff ein ganzer Stadtteil bzw. ein großes Gebiet durch Brand- oder Sprengbomben zerstört, so ist oft ein Aufenthalt in diesem Gebiet nicht mehr möglich. In diesem Falle ist schnellstens das gefährdete Gebiet zu verlassen und die nächste Obdachlosenaufnahmestelle aufzusuchen.

Bewahre hierbei Ruhe und richte dich nach den Weisungen der von der Partei eingesetzten Politischen Leiter. In der Obdachlosensammelstelle wirst du gepflegt und erhältst einen Fliegergeschädigten-Ausweis und jede weitere Auskunft. Notwendig ist, sich vorher zu unterrichten, wo die nächste Sammelstelle ist.

Du mußt deinen Blockleiter kennen und wissen, wo er wohnt. Mit deinem zuständigen Blockwart des Reichsluftschutzbundes und deinem Luftschutzwart mußt du enge Fühlung aufnehmen.

Beachte darüber hinaus die Anweisungen des Merkblattes deines Kreisleiters!

Herausgegeben von der Gaupropagandaleitung und Reichspropagandaleiter v. Moselland.

10000

D'Joer 1941 huet mat engem schroe Wanter ugefaangen, mat onheemlech vill Schnéi. De Gauleiter Simon huet sech Méi ginn, déi nei Ordnung anzeféieren. Eng vun deene neie Verordnungen huet hien den 23. Mee 1941 op enger „Grosskundgebung“ an der Ausstellungshal um Lampertsbiereg verkënnegt: Vun elo un sinn all Lëtzeburger Mee-dercher a Jongen tëschent 17 a 25 Joer forcéiert an de „Reichsarbeitsdienst“ agezu ginn. Den 9. Juli 1941 war déi éischt Musterung vum Joergang 1920. Den 9. Juni 1941 huet den Hitler Russland ugegraff.

Personenstandsaufnahme vum 10. Oktober 1941

Fir den 10. Oktober 1941 war hei am Land eng Art Volkszählung virgesinn. (Personenstandsaufnahme) Eng un sech harmlos Affär, déi all Joer, och nach haut, duerchgefouert gëtt, fir d'Steierkaarten fir déi eenzel Bierger opzestellen. Et wier och deemools esou gewiescht, wann net op dësem Formular dräi

Froe gestanen hätten, déi absolut näischt mat d'Steieren ze dinn haten.

Et waren déi folgend Froen:

1. Jetztige Staatsangehörigkeit
2. Muttersprache
3. Volkszugehörigkeit

De Gauleiter wollt sech mat engem bëllegen Trick e Referendum verschafen, fir d'Lëtzeburger duerch hir Ënnerschrëft derzou ze bréngen, sech net nëmmen zum „Deutschtum“, mä sech einfach och als Preisen ze bekennen. Hien hat awer d'Rechnung ouni de Wiert gemeet. Wéi d'Ziedelen an den Haiser waren, ass gläich d'Paroul duerch d'ganz Land gaangen: Dräi Mol Lëtzebuerg! Et war eng onwahrscheinlech Reaktioun vu Soldaritéit a vun Eenegkeet, déi een einfach esou net fir méiglech gehalen hätt.

Zu Esch z.B. waren et 96 % vun den Ziedelen mat dräi Mol Lëtzebuerg, op verschidden anere Plazen, um flaache Land esouguer iwwer 98%! Dat war eng immens Blamage fir de Gustav Simon, besonnesch wëll och nach ënnert den Ziedelen mat dräi Mol Lëtzebuerg eng ganz Rei vu Spëtzeleit vun der VDB ze fanne waren! Fir sech Loft ze verschafen ass den Terror nach gesteigert ginn. Membere vun de Resistenzorganisatiounen, déi sech bei der Propaganda Aktioun géint d'Volkszählung bemierkbar gemeet haten, goufe verhaft a koumen an d'K.Z.

Wehrpflicht

Nodeem de Gauleiter déi Lëtzeburger Meedercher a Jongen an de „Reichsarbeitsdienst“ forcéiert hat, war et ze féierten, datt et net dobäi sollt bliewen; ob-schonn de „Chef der Zivilverwaltung“ bei verschidde Geleeënheeten ëmmer erëm betount hat: „Et wier schlecht ëm Däitschland bestallt, wann si op déi puer Lëtzeburger ugewise wären!“ Op där anerer Säit ass awer grouss Propaganda bedriwwen ginn, fir Fräiwëlleger an d'Wehrmacht an d'SS ze kréien; dobäi si besonnesch d'Spëtzeleit vun der VDB ugesprach ginn. Zu Groussbus haten der zwéin sech an d'SS gemellt; deen ee war de Fils vum Reisass, deen als gebiertege Preiss wahrscheinlech souwisou agezu gi wier; deen anere war den Aloyse Paulus, de Fils vun Tun Paulus.

De Gauleiter huet näischt onversicht gelooss fir d'Lëtzeburger op d'„Deutschtum“ ze trimmen. Besonnesch d'Beamten an d'Léierpersonal kruten dat ze spieren. De Schoulmeeschter, d'Breifdréier an d'Gendaarme si fir dräi Wochen no Traben-Trarbach, op der preisescher Musel, kommandéiert ginn. Do sinn si dann op militäresch Manéier gedrillt ginn. Mäi Papp war och dräi Woche fort. Hie war frou, wéi hie Groussbus erëmgesinn huet.

Déi preisesch Schulung hat näischt gedéngt; hien hat sech op der Musel de Wäin gutt schmaache gelooss, awer fir de Rescht war alles zu deem engen Ouer eran an zu deem aneren erëm erausgaangen. Den 30. August 1942 huet de Gauleiter *Simon* an der Ausstellungshal virun der VDB-Prominenz verkénnegt, datt d'Lëtzebuerger vun elo un déi däitsch „Staatsangehörigkeit“ hätten. Domat war d'juristesche Bedéngung erfëllt, fir d'Wehrpflicht zu Lëtzebuerg anzeféieren.

D'Wehrpflicht ass agefouert gi fir d'Joergäng 1920 bis 1924. Sämtlech Jonge vun dese Joergäng hu sech misse vum 1. bis de 15. September 1942 op der Polizei perséinlech mellen. Während där Zäit, wou dat alles geschitt ass, war ech mam Vélo ënnerwee op Dikrech, wou ech zënter dem hallwen August am Kolléisch war. Ech wosst näischt dervun bis den Dag drop, wéi mer mueres an d'Schoul koumen. Méindes, den 1. September 1942 ass iwwerall gestreikt ginn. A ville Schoule blouwen d'Bänken eidel. Zu Wolz hunn d'Lederfabrike gestreikt a mat hinnen d'Schoulmeeschteren an d'Gemengebeamten. Zu Schëffleng hunn d'Schmelzaarbechter d'Arbecht néiergeluecht, an an der Stad huet d'Post net méi fonctionnéiert. De Gauleiter huet

den Ausnahmezustand ausgeruff, an hien huet gläichzäitig e Standgeriicht agesat. „Todesurteile gegen Streikende werden sofort vollstreckt!“ Den aneren Dag hongen d'Plakate virum Kolléisch zu Dikrech. Dräi Wëlzer Jongen, déi bei äis an der Bouleuet waren, hunn drop gelies, dat hir Papp mueres erschoss gi waren. Et sinn an där Woch 20 Leit erschoss ginn, 125 sinn der Gestapo iwweerstallt ginn, dat war de Wee an d'K.Z. Eleven aus verschidde Schoulen, et waren der ëm déi 600, koumen am Preiseschen an „Erziehungslager“, wou si duerch Professioneller vun der Hitlerjugend déi richteg „Erziehung“ sollte kréien. D'Jonge waren op der Bueg Stahleck um Rhäin. Och e Goussbusser Meedchen huet missen an esou en Erziehungslager, et war d'*Josette Manternach*, hatt war déi Zäit an der Normalschoul fir Meedercher oder, wéi d'Preisen se emgedeeft haten: L.B.A. (Lehrer-Bildungs-Anstalt). Bei äis zu Dikrech war kee vun de Schüler fort-komm. De preiseschen Direkter hat näischt ënnerholl, obschonn datt och bei äis eng ganz Rei vu Schüler gestreikt haten. Wahrscheinlech wollt den Direkter (*Dr. Börner*) weider Onrou a senger Schoul vermeiden, wéinst deene Wëlzer Jongen, deenen hir Pappen erschoss gi waren.



Op der Bänk viru
Marxen 1940
D'Elise Elsen aus Pléiesch war
d'Nopesch vu Marxen.
Et ass de 14. Juli 1942 mam
Néckel Schaul bestuet ginn.
D'Alice a Milly Cahen sinn de
7. Januar 1941 a Frankräich
deportéiert ginn. De
preiseschen Zaldot
ass onbekannt.

Deserteuren

Eng Partie vun de Jongen hunn dervu profitéiert, wann si fir d'eischt no hirer Rekrutenzäit a Congé koumen, einfach net méi hannescht ze goen. Bei Frënn oder Bekannten hu si sech verstoppt an hunn do d'Enn vum Krich ofgewart. Vun deser Méiglechkeet haten den *Heinen Jos*, den *Heymans Robert*, de *Majerus Néckel* an den *Hoffmanns Gusty* profitéiert. An den A vun de preiseschen Autoritéite waren si Deserteuren. Op Desertion stoung d'Doudesstrof! Duerfir war et also guer net ongeféierlech, weder fir déi Verstoppten, nach fir déi-jeineg déi si ënnerdaach geholl haten. Op ville Plaze waren d'Leit denoncéiert ginn, déi Jonge verstoppt haten. Déi preisesch Polizei huet d'Haiser ëmsat, wann d'Jongen net virun avertéiert gi waren, dann ass et ëmmer schlëmm ausgaangen. D'Leit déi d'Jonge verstoppt haten, koumen an d'K.Z., a vill hu mat hirem Liewe fir hir Guttheet bezuelt.

Ëngesiidelt

D'Famillje vun de Refractairen, wéi si nom Krich genannt goufen, si vun de Preisen an Ostdaitschland deportéiert ginn, ëngesiidelt ginn, wéll si ënner dem Motto, „Sie bieten nicht die Gewähr“ fir déi nei Hären hei net méi toleréiert gi sinn. Dat war de Fall fir d'Famill *Aloyse Linden-Heymans*, déi no Schlesien deportéiert goufen, wéll den *Heymans Robert* desertéiert war. Nom Krich sinn si, glécklecherweis, erëm heemkomm. Och déi al Leit vun der Famill *Heymans* hu missen aus hirem Haus. Si hu bis zum Enn vum Krich zu Viichten, bei Bekannten op besser Zäite gewaart. An hiert Bauerewesen haten d'Preisen eng Famill aus Südtirol gesat. Déi sinn am September 1944 erëm verschwonnen. Fir sech virum Arbeitsdéngscht ze drécken, bestoung fir d'Meedercher nach d'Méiglechkeet sech ze bestueden. Dovun hat d'*Leonie Erpelding* profitéiert.

Et konnt erëm opgeotemt ginn

De 6. Juni 1944 war et dann endlech esou wäit: Amerikanesch, englesch, kanadesch a franséisch Verbänn sinn an der Normandie gelant. Den Ortsgruppenleiter *Schaus* an d'„*Frau Schaus*“, de *Schiltze Jäng*, de *Schneider Batty* mat Fra a Kanner an de *Reisass* hunn sech ewechgemaach „Heim ins Reich“. Awer d'Amerikaner waren nach wäit ewech. Déi preisesch Truppen, oder wat dervun nach bliwwe war, sinn op hirem Réckzuch passéiert, et war net méi déi stolz Arméi vun 1940. A virun allem hat d'Richtung changéiert. D'Leit waren onroueg an hunn deem Spill mat enger gewëssen Angscht nogekuckt; et wosst ee jo net, wat nach alles kéint

passéieren. Ech war deemools zu Dikrech am Kolléisch. An der Bouleuet hate mir och eng ganz Rei vu preisesche Jongen. Déi meescht vun hinne waren zu Leverkusen doheim. Hir Pappen, elauter déck Déiere vun de Bayer-Wierker, haten hir Kanner hei an der Schoul, well si ugeholl hunn si wären hei relativ sécher virun de Bomben. De preiseschen Direkter vun der Boulette (*Dr. Würtz*, genannt de *Gandi*) huet se opgefuerdert hir Wallissen ze paken. Den Direkter vun der Schoul huet de Betrib agestallt an huet äis heemgeschéckt. Mat de Veloën hu mir eist Gepäck bis op Angelduerf geschleeft. Do hu mir eng Partie vun de Saache bei engem Kollege gelooss. Déi dräi Goussbusser, de *Metzlesch Tunn*, de *Schneider Ètchen* an ech sinn dann heem op Groussbus gefuer. Am Nomëtteg si mir erëm zréckkomm, fir de Rescht vun eise Saachen zu Angelduerf ewechzehuelen. Et sollt eng laang Vakanz ginn, eréischt no Allerhellegen hunn d'Amerikaner et erlaabt, de Schoulbetrib erëm opzehuelen. Et wier nach nozedroen, datt mir, ier mer d'Bouleuet verlooss hunn, eisem Frust fräie Laf gelooss haten. Am grouse Sall vun Zilens houg e Portrait vum *Hitler* a Maansgréisst. Deen hu mer ganz feierlech gekäppt, wéi mer fäerdeg waren, hie mat den Tëntefässer ze bombardéieren.

D'Amerikaner sinn do!

Den 2. September 1944 koum um 8:00 Auer mueres op den Noriichte vun der BBC déi iwerraschend Nouvell d'Amerikaner wieren am Land! Op verschiddene Plazen am Land goufen direkt déi routwäiss-blo Fändelen erausgehaang. D'Leit gongen op d'Strooss, an hunn ugefaangen ze feieren. Leider en etlech Deeg ze fréi, wéi et sech geschwé sollt erausstellen. Zu Diddeleng sollt et bei deser Geleeënheet zu enger grousser Katastrof kommen. Matzen an d'Feierlechkeeten ass déi preisesch Polizei erageplatzt; si hunn eng Rei vu Leit festgeholl an et huet och Doudeger ginn. Eppes Ähnlech hate mer och hei zu Groussbus. Mat enger grousser Portion Chance ass des Saach awer nach gutt verlaf. Wat war dann elo zu Groussbus passéiert?

D'Preise kommen erëm

En etlech jong Borschten, hunn do, wéi se d'Nouvel héieren hunn, dat d'Amerikaner do wieren, hirem Frust fräie Laf gelooss. Ënner hinne waren de *Metzlesch Tunn (Paquet Tony)*, de *Leo Wolff*, de *Sadlesch Jäng (Biber Jean)*, de *Schneider Ètchen (Wagner Edmond)* an de *Wagner Robert*. Mir hunn de Veräinsbau, deen d'VDB fir hir Zwecker age-riicht hat, gestiermt. D'Wänn ware mat meterlaange Fändele garnéiert, an op engem Podium, stoung

eng Büst vum *Hitler*. D'Fändele mat dem Hakekräiz hu mer erograppt an den *Hitler* gouf gekäppt. Déi rout Fändelen hu mer einfach duerch d'Fensteren op d'Strooss gehäit. Do gouf e Feier gemeet an d'Hakekräizer hunn esou flott gebrannt, datt net emol Äschen iwwregblouwen. Den Damp war knapps verflunn, du koum e grouse Convoi mat preisesche Gefierer laanscht d'Schlass erof gefuer, an dobäi waren et och nach SS. Huerteg ware mer erëm do uewen am Sall, a mir hunn d'Schierbele vum Nazi-Chef an engem Uewepäfelach verschwanne gelooss. Wéi eis Leit doheem héieren hunn, wat mer gesticht haten, goufe mer natierlech ferrem venannt: „Et wier nach vill ze fréi an ze geféierlech esou eppes ze maachen!“

Zwéin Deeg no eiser Aktioun ass ee mat enger Motocyclette laanscht eist Haus erop an d'Duerf gefuer. „De Schaus ass erëm do!“ rífft meng Mamm ganz opgereegt. Wann de Schaus erëmkomm war, dann hat dee vläicht nach eng wëlles, an da war mat deem Schlëmmsten ze rechnen. Ech hu mir eng Schmier an d'Täsch gestach an hu mech op de Wee an d'Säitert gemeet. De Grousspapp sollt déi aner dräi avertéieren, a mir da Bescheid ginn, wat mer maache sollten. Hien ass herno bei mech komm, fir mer ze soen ech sollt op den Dellerwee goen, do géife meng Kollege bei der „Décker Buch“ op mech waarden, mir kéimen zu Dellen a *Schleiden* ënnerdaach. Do kéinte mer da verstoppt bleiwen, bis alles sech berouegt hätt. Sou ass et dann och geschitt.

D'Liberatioun 1944

Et ass eng Woch vergaangen. Déi preisesch Truppen, oder wat nach dervun iwwreg bliwwe war, hunn op hirem Réckzuch keng grouss Pausen ageleucht. Nëmme ee Mol hate mir nach e preiseschen Offizéier aquartéiert kritt. Mir haten ëmmer Stroum an den Telephon war och nach a Betrib. Mir wousste genee, wat dobaussen an der Welt geschitt ass. Den 9. September, et war e Samschdeg, sinn déi éischt Amerikaner vun Athus op Péiteng an eist Land erageréckt. Zu Péiteng bei der Millen ass deen éischten amerikaneschen Zaldot op Lëtzebuerger Buedem gefall. Sonndes, den 10. September sinn déi amerikanesch Truppen an der Stad Lëtzebuerg empfang ginn. Während an der Stad gefeiert gouf, war et bei äis zu Groussbus nach net esou wäit. Vum Samschdeg op de Sonndeg, dem 9. op den 10. September waren d'ganz Nuecht preisesch Kolonnen, mat Tanks, Artillerie a Camione vu Gréiwels erfokomm a si Richtung Viichten gefuer. Duerno war et roueg. Sonndes mueres, wéi an der Stad an um Minett schonn d'Liberatioun gefeiert gouf, sinn op eemol erëm 6 preisesch Tanks zu Bous opge-

taucht, mat ongeféier 30 Zaldoten. Si hunn d'Ausgang vum Duerf besat. Mir hate virum Haus eng hallef Dosen Zaldoten, déi eng Kanoun a Richtung Säitert a Stellung bruecht haten. „Wir kommen wieder zurück“, sot ee vun hinnen, wéi se géint 2:00 Auer geplënnert sinn. Vun deene 6 Tanks waren der nëmme méi dräi, déi nach betribsfähig waren, déi aner dräi goufe mat Ketten d'Mäerzegerstrooss eropgeschleeft.

Déi Goussbusser hunn opgeotemt, elo war et definitiv eriwwer, an et war kengem e Leeds geschitt. Et huet awer nach e puer Deeg gedauert, ier mer déi éischt Amerikaner zu Bous ze gesi kruten, vereenzelt Convoien, déi am Duerf passéiert sinn. All déi verstoppte Jonge sinn aus hire Lächer erausgekroch a ware frou, datt si déi schro Zäit glécklech iwwerstanen haten. Eréischt eng Woch méi spéit sinn d'Amerikaner du richtig komm. Kolonnen iwwer Kolonne sinn aus dem Préizerdaul eropgefuer. Déi amerikanesch Zaldote sinn net a Privathaiser aquartéiert ginn, wéi dat bei de Preisen de Fall war, si hunn an de Bëscher an den Zelter campéiert, awer och an deene Gebäier déi eidel stoungen, wéi op der ieweschter Millen, am Veräinsbau an am Haus vun der Famill *Cahen*. Eréischt méi spéit am Joer, wéi et kal ginn ass, a wéi den éischte Schnéi gefall ass, sinn d'Zaldoten och an d'Privathaiser komm. An der zweeter Halschent vum November hate mir 10 Zaldoten am Haus. Et waren elauter jong Kärelen a lëschtg Bridder. Niewent dem Haus stoung hiert Gefier, e schwéieren Halftruck (e Gefier mat vir Pneuen an hanne Ketten). Iwwrigens, des zing Amerikaner haten alleguer de Krich iwwerlieft. Se waren an der Rundstedt-Offensiv am Éislek, an der Géigend vun Nidderwampech a preisesch Gefaangenschaft geroden. An engem Lager an der Géigend vun Dresden sinn se am Freiwoer 1945 vun der russescher Arméi liberéiert ginn. Mat den Amerikaner sinn och allerlee Artikelen opgetaucht, vun deene mir nëmme nach d'Nimm kannen hunn: Schokela, Kaffi, Chewing-Gum, Zigaretten a Konserven. Mir hunn äis druginn, fir mat hinnen ze handelen. Souvenirs ware gefrot, an zwar besonnesch Nazi Emblemer, alles wou en Hakekräiz drop war, war wëllkomm. Duerfir krute mir där séisser amerikanescher Zigretten oder Schokela an d'Plaz. Et war eng flott Zäit! Lues a lues ass erëm alles normaliséiert ginn.

Miliz

D'Membere vun de Resistenzorganisatiounen hunn d'Miliz gegrënnt, déi d'Missioun vun der Polizei iwwerholl huet. D'Militärverwaltung huet an de gréisseren Uertschafte Büroen opgemeet fir d'Civil-

Affairs. Et duerf een net vergiessen, datt praktesch d'ganz Land nach ëmmer Frontgebiet war. Duerfir huet et eng ganz Rei vu Virschreife ginn: Et war verbuede sech viru 6:00 Auer mueres an no 18:00 Auer owes, ouni Erlaabis dobaussen opzehalen. Fir sech op aner Uertschaften ze deplacéieren huet ee missen e „Laissez-Passer“ hunn, dee vun der amerikanescher Arméi ausgestallt war. Wéi d'Schoul, no Allerhellgendag zu Dikrech erëm fonctionnéiert huet, hat ech esou e Passiéerschäin, deen et erlaabt huet vu Groussbus op Dikrech ze fueren. Et konnt ee sécher sinn, wann ee mam Vëlo op dëser Streck ënnerwee war, datt ee wéinigestens fënnf bis sechs Mol kontrolléiert gouf, entweder vun den amerikanesche Posten oder vun der Lëtzebuerger Miliz. Zu Dikrech ware mir fir d'éischt, dat heescht déi dräi Goussbusser, am Hôtel Masseler op der Esplanade ënnerbruecht. Et war déi éischte Kéier, datt ech an engem Hôtel logéiert hunn. Do hu mir de Kaffi, d'Mëttegiessen an d'Owesiesse kritt. No enger Woch huet de Patron vum Hôtel zwee Zëmmeren an engem Privathaus fir äis gesicht. D'Moolzechten hu mir awer nach ëmmer am Hôtel zou äis geholl, dat gläich vis-a-vis louch. Op eisem neien Zëmmer stoung zwar e groussen Uewen, awer mir haten näischt fir Feier ze maachen. Mir woussten äis ze hëllefen: Aus dem Kolléisch, wou deemools och nach mat Holz gehëtzt ginn ass, hu mir äis Holz matbruecht. Jiddereen hat all Kéier zwee Stécker an der Mapp. Wann et net duergoung, hu mir Kollegen ugesprach, déi äis dann och nach e puer zousätzlech Stécker matbruecht hunn, esou si mer wéinigestens net erkaalt. Wéi dunn, no an no, sech alles erëm normaliséiert huet, hu mir äis beméit, en Zenner Briketten ze kréien. Dat war net grad esou einfach, well jo nach alles rationéiert war. Endlech war et äis gegléckt de Bong ze kréien fir den Zenner Briketten, mir sollten se samschdes, de 16. Dezember beim *Jüttel* ewechhuelen. Awer samschdes, de 16. Dezember huet et scho mueres fréi zu Dikrech gerabbelt: D'Rundstedt-Offensiv ass lassgaangen a mir hunn eis Briketten ni gebraucht. Wéi mir no der Offensiv erëmkoumen, war do, wou eis Zëmmeren waren, e risegt Lach.

D'Rundstedt-Offensiv

De 16. Dezember 1944, em hallwer sechs si mir, den *Tunn* an ech, (mir hunn zesammen an engem Bett geschlof, den *Etchen* huet an deem klengen Niewenzëmmer campéiert) stëntertlech waakrech ginn. Preisesch Granate sinn iwwer äis ewechgeflunn a méi wäit explodéiert. Dat grujelecht Gepäifs a Geknupps huet eng hallef Stonn ugeha-

len. Mir sinn am Bett bliwwen an hunn deem Spill nogelauschert. D'Leit aus dem Haus waren an de Keller gaangen, äis haten si an der Opreegung vergiess. Wéi all Dag si mir bei de *Masseler* gaangen, fir eise Kaffi ze drénken. Et war wéi ëmmer a keen huet sech weider opgereegt, well an der Tëschenzäit war et erëm roueg ginn. Virum Kolléisch stoung den Direkter, hien huet äis heemgeschéckt, wëll et ze geféierlech wier ënner dësen Ëmstänn Schoul ze halen. Eis Leit waren iwwerascht, äis am helle Mueren doheem ze gesinn. Mir hunn natierlech verzielt wat geschitt war. Mir haten deemools 4 Amerikaner am Haus. Ech hunn hinne gesot, wat zu Dikrech passéiert war. Wéi si du vum Mëttegiessen erëm an eist Haus koumen, waren si op eemol ganz prësséiert. Hiert Battailloun, dat zu Groussbus a Reservestellung louch, war allertéiert ginn, a géint 4:00 Auer huet e laange Convoi Groussbus a Richtung Viichten verlooos. Et war eng Unitéit, déi kuerz duerno an der Géigend vun Dickweiler an Uesweiler agesat gouf, an do a schwéier Kämpf verweckelt ginn ass. Deen Dag drop, mueres während der Houmass, gouf et en onheemleche Kraachert, an d'Luuchte sinn ausgaangen.

Zu Bëschrudeng war eng Bomm gefall, an si hat e Mast vun der Hochspannung geroden. Owes war de Stroum erëm do. Op der Duerfplaz hu mir déi éischt Leit begéint, déi virum de Preise fortgelaf waren. Si hu behaupt, d'Preise wiere schonn am Heischtergronn. Dat huet fir Opreegung am Duerf gesuergt. Et ass ëmmer méi kloer ginn, datt d'Preisen eng gréisser Offensiv ugefaangen haten. Méindes, den 18. Dezember, am Laf vum Nomëtteg ass et richtig lassgaangen: D'Leit aus dem Éislek koume mat hire Gefierer, Autoen, Ween mat Päerd a mat Kéi, alles voll geluede mat deem Néidegsten. Am Nomëtteg krute mir eis éischt Evakuéiert an d'Haus. Et war d'Famill vu mengem Klassekomerod *Jemp Schank* vu Buerschent. Mat engem Leederwon, dee vun zwou Kéi gezu gouf, sinn si dënschdes op Habscht weidergefuer, well et fir si zu Bous nach net sécher genuch war.

Dënschdes owes gouf et géint 6:00 Auer eng onheemleche Explosioun. D'Luuchte sinn erëm ausgaangen, des Keier fir zerguttst. Et sollt Abrëll ginn ier mer erëm Stroum haten. D'Amerikaner haten an der Häregaass bei Hoschen e grousst Lach an d'Strooss gesprengt, fir d'Preisen opzehalen. Mëttwochs, den 20. Dezember hunn d' Amerikaner de Buergermeeschter *Jos Goedert* informéiert, datt d'Duerf bis en Donneschdeg, den 21. Dezember em 12:00 Auer mëttes misst vun der Zivilbevölkerung geraumt sinn. Dunn ass dee schwéiere Wee an d'Evakuatioun ugaangen. Mat de Vëloen hu mir

äis op de Wee gemeet. Niewent mengen Elteren a menger Sëschter war eise *Jemp*, mengem Papp säi Brudder, mat der Famill an den *Neiens Edouard* mat derbäi. Mäi Grousspapp, de Pätter, wollt enner kengen Ëmstänn d'Haus eleng loossen; hien ass doheem bliwwen.

Evakuéiert

Iwwer Schandel, Useldeng si mir iwwer Rippweiler op Näerden gefuer. Am Café *Filbig*, op der Kräizung, ass et eng Tas Kaffi ginn ier et virugoung a Richtung Schweecherdall. Iwwerall ware Leit ennerwee mat Päerdsgefirer, Autoen, Kannerkutschen a Weenerchen. D'Wieder war dréif awer dréchen. Dat lescht Militär hate mer zu Näerden gesinn, wou dräi Tanks d'Kräizung kontrolléiert hunn. Wéi mer dunn awer op d'Kräizerbuch komm sinn, do huet de Bësch nëmmen esou gewibbelt vun Zaldoten. Si haten d'Héicht, déi vun der belscher Grenz, iwwer d'Kräizerbuch a Sëll bis op Miersch verleeft, mat frëschem Truppe besat. D'Beem laanscht d'Strooss ware preparéiert, fir all Ament gesprengt ze ginn. Uewen op der Kopp, do wou et e bësse méi flach ass, do koumen déi éischt Tanks vum *Patton* senger drëtter Arméi.

Wéi mir an Habscht erafgefuert sinn, huet een d'Motore vun den Tanks an den Trucks héieren. Op sämtleche Stroossen, a Richtung Norden, datselwecht Bild: Déi drëtt Arméi vum Generol *Patton*, déi an enger Marche forcée aus dem Saargebiet ennerwee war. Bis op Stengefort si mir laanscht déi laang Kolonne gefuert. Do hunn ech meng Leit Äddi gesot, an ech hu mech eleng op de Wee gemeet, fir zu Kéinzeg, dat war nämlech eist Zil, meng Giedel ze avertéieren, wat elo geschwënn op si géif duerkommen. Déi éischt Nuecht hu mir alleguer bei der Giedel am Haus campéiert. Deen Dag derno ass eise *Jemp* mat der Famill weider op Nidderkuer gefuert, an den *Neiens Edouard* ass och bei Bekannten ennerdaach komm. Chrëschttag, wéi ech mat mengem Papp an d'Mass goung, huet et ugefaangen ze schneien, Stiefesdag ass et ganz kal ginn.

Erëm heem

Mäi Papp hat keng Rou zu Kéinzeg, wëll mäi Grousspapp eleng doheem bliwwen war. De 27. Dezember hu mir äis op de Vëlo gesat, fir hannescht op Groussbus ze fueren. Wéi mir d'Kräizerbuch erafgefuert sinn, hu mir iwwer dem Éislek schwaarze Wolleke gesinn. Et war den Damp vun den Haiser, déi do a Flame stoungen. Et ass alles gutt gaange bis op Useldeng. Do si mir fir d'éischt vun engem schwaarzen MP (Military Police) ugehale ginn. Nodeem ech him plausibel gemaach hat, datt mir

um Wee fir heem op Groussbus wieren, huet hien äis laanscht gelooss. Zu Viichten stoung e jonge Mann vun der Lëtzebuurger Miliz, dee mäi Papp gutt kannt huet. No enger klenger Diskussioun huet hien äis fuere gelooss.

Duerch de Bësch fir an d'Säitert erop war alles roueg. Groussbus war nach ëmmer do; et huet net ausgesinn, datt eppes sollt geschitt sinn, awer am Dall an der Breedenheck, do stoungen d'Kanounen, eng grouss Artilleriestellung. D'Strooss war blouss, awer de Rescht vun der Landschaft war zimlech zougeschnit. Wéi mer d'Strooss erofgefuert sinn, louch op enger Plaz en doudegt Schwäin, hallef an der Strooss, déi eng Halschent war vun de Gefierer plattgewalzt ginn. Virun eisem Haus stoungen dräi schwéier Sherman Tanks. Den Hond ass äis entgéint gelaf komm, de Pätter huet vu Freed gekrasch, wéi en äis gesinn huet. D'Haus war voll Militär. Verschidden aner Leit waren och am Duerf bliwwen, déi meescht well se hir Béischen net wollten am Stach loossen, si hunn all herno hir perséinlech Erliefnisse erzielt, awer klug konnt een doraus net ginn, well hir Aussoen sech gréisstendeels widder-sprach hunn. Während de Gefechter ëm Groussbus souzen si alleguer an de Kellere, an duerfir haten se net ganz vill matkritt vun deem wat dobaussen eigentlech geschitt war.

Mäi Papp an ech sinn du bis an d'Duerf getrëppelt, fir äis e Bild vun de Scheed ze maachen. Un eisem Haus war guer näischt geschitt, emol keng Fënster war gebrach. Och an der Noperschaft huet alles geschéngt an der Rei ze sinn. D'Duerf war voll Militär. Honnerte vun Telefonskabelen hounge laanscht den Haiser, an iwwerall louche Glassplitter vun de gebrachene Fënstere. Mä eigentlech Scheed un den Haiser waren net ze gesinn. D'Hauptstrooss aus dem Préizerdall erop war fir den Noschub reservéiert, d'Strooss op Viichten war fir d'Ambulanze fräigehalen; dat war och d'Ursaach firwat et op eisem Wee vu Viichten erop esou roueg war, wéinigestens an deem Moment, wou mir do passéiert sinn. Mir hunn äis net laang am Duerf gesommt, well mäi Papp erëm hannescht op Kéinzeg wollt fueren. Ech war also eleng mam Pätter, dem Hond an 10 Amerikaner am Haus. Ech hu meng éischt Léier als Chief-Cook and Bottle-Washer, wéi d'Amerikaner mech genannt hunn, gemaach. U Beschäftegung huet et mir net gefeelt. D'Zaldoten hunn äis mat Liewesmëttel versuergt, si hunn äis Konserven matbruecht, eemol esouguer Deeg fir Pangech ze baken. Als Géigeleschtung hunn ech hinnen all Dag e Plättel Grompere gekacht mat Gréiwen drop, eppes wat si mat Genoss verdillecht hunn. Während 14 Deeg hu mir mat den Zaldoten ze-

summe gehaust. Ech hunn an där Zäit méi Englesch geléiert, wéi an deenen zwee Joer virun am Kolléisch; an dobäi nach vill Saachen, déi een ni an enger Schoul léiert. Zigretten hunn ech masseweis kritt; ech hat e ganze Sak voll vun alle Marken: Chesterfield, Camel, Philip-Morris, PallMall, Raleigh, Twenty-Grand ... , ech hat geduecht ech hätt der genuch fir mäin halleft Liewen.

Massendenger

Ee gudden Dag ass eise Paschtouer opgekräizt. Den *Edouard Harpes* war och erëm zu Land! Hien huet mech gefrot, ob ech net wëllt him mueres d'Mass dënge kommen. Dat huet mech gewonnert, well hien et net eeschtlech op mech stoen hat. Mir ware jo arem Leit, mir ware keng Baueren, a mäi Papp war och nach virum Krich op d'Lëtzebuurger Zeitung abonnéiert. Du sinn ech dann all Dag mueres an d'Kierch getrëppelt. An der eideler, kaler Kierch hunn ech eisem Här d'Mass gedéngt. De Paschtouer an der Ouerekap an ech mat den Hänn an der Täsch.


D'Kierchefënstere waren zum Deel futti an do-duerch war, bei Temperaturen enner Null, e schéinen Duerchbruch an der Kierch. Glécklecherweis huet de Paschtouer op d'Prieditz verzicht, et war jo och keen do, fir him nozelauschten. Nëmme op Neijoerschdag hate mer während der Mass e Client: En amerikaneschen Zaldot souz hannen op enger Bänk, hien huet do un enger Schmier gemaufelt. Dat war alles, net emol eng vun deene ville Quiselen aus dem Duerf huet an dese schwéieren Deeg de Wee bei eiser Härgott fonnt! An der Nuecht vu Sylvester op Neijoerschdag, genee ëm 12:00 Auer, hunn d'Preisen äis hir Neujahrswünsche geschéckt. Während enger hallwer Stonn sinn d'Granaten iwwert äis ewechgepaff, a sinn iergendwou méi wäit ewech explodéiert.

Mueres hu mir am Al déi schwaarze Plazen am Schnéi gesinn, wou d'Granaten ageschloe waren. Dat war net ongeféierlech, well d'Amerikaner hate laanscht d'Hecken, vun hannert dem Kierfecht un, hannert Becken hirem Gaart a Fenderes hirem Pesch, op enger Längt vun zweehonnert Meter Munition stockéiert. Dese Munitionsdepôt ass Nuecht an Dag bewaacht ginn. Niewent dem Kierfecht war en Atelier installéiert, wou Reperaturen un de Camionen an anere Gefierer gemeet goufen. No 6:00 Auer war et fir Zivilpersounen nach ëmmer verbueden, aus dem Haus ze goen. Eng Woch no Neijoerschdag hunn eis zing Zaldote misse fort. Ech hu mech druginn fir ze botzen an ze spullen. Wéi ech bal fäerdeg war, du geet d'Dier op, a mäi Papp war erëm do.

Vill doudeg Zaldoten

Ufanks Januar si 50 Zentimeter Schnéi gefall. D'Stroosse si vun der Arméi proppergehalte ginn. Am Hôtel *Lies* an am Café *Schaul* haten d'Amerikaner Lazaretter ageriicht, et waren déi éischt Verbandsplazen hannert der Front. An der Scheier vun Jauffer-Haus sinn déi gefalen Zaldote registréiert ginn. Déi gefruere Läiche louchen do openee geteselt ewéi eng Kouert Holz. Se sinn a Segelduchsäck ageluecht ginn, d'Nimm an d'Matriculnummere koumen op d'Säck, duerno goufen se mat de Camionen op Hamm gefouert, wou se um Militärkierfecht hir lescht Rou fonnt hunn.

En däitschen Zaldot
deen 1944 zu Groussbus
liee bliwwen ass



Op alle Geschäfte, déi Liewesmëttel verkaaft hunn, beim Bäcker an den Epicerien hat déi amerikanesch Arméiverwaltung Schëlter gehaang: Entry forbidden to armed forces. Wéi d'Awunner dunn no an no erëm heemkoumen, konnten si an de Geschäfte dat Néidegst akafen, wann d'Preisen nach eppes Rescht gelooss haten. Well d'Molkerei nach net funktionéiert huet, ass och de Botter rar ginn. D'Kéi hunn awer all Dag misse gestrach ginn, d'Mëllech hunn d'Schwäi kritt. Eis Nopesch, *Pillter Louise* hat nach eng Zentrifug, déi an der Rei war. Do hu mir all Dag een Deel vun eiser Mëllech gedréint kritt. D'Ram hu mer dann zu Botter geklappt. De ganze Januar hate mer nach ëmmer Zaldoten am Haus, et ware Jongen, déi beim Kierfecht daags-iwwer Reperature gemeet hunn. Virun eiser Dier stoung eng schwéier Depanneuse. D'Zaldoten haten

e Kabel vun der Batterie an d'Stuff geluecht, sou datt mer do weinigestens Geliichts haten. Anerwäerts hu mer äis mat Käerzen a Stallantere misse ploen. Am grouse Ganze war eist Duerf mat engem bloen A dervukomm. A wat d'Haaptsaach war, et war kenngem Mënsch e Leeds geschitt.

Militäresch Operatioune ronderëm Groussbus

A sengem Buch „Befreiung und Ardennenoffensive 1944-1945“ vum Colonel *E.r.Melchers*, beschreift den Auteur ganz detailléiert, wat zu Groussbus geschitt ass. An engem besonnesche Kapitel, ënner dem Titel „Der Hinterhalt von Grosbous“, kréie mer e ganz kloert Bild iwwer d'Evenementer ronderëm eist Duerf. Géint der Muere vum 19. Dezember 1944, also dräi Deeg nom Ufank vun der preisescher Offensiv, ass d'Kompanie L (3. Batailloun, 109. U.S. Regiment vun der 28. U.S. Infantry-Division) zu Groussbus ukomm. D'Zaldote vun der L-Kompanie waren no dräi Deeg onnënnerbrache Gefechter an der Ëmgéigend vun Dikrech doudmidd. Den 20. Dezember hunn si e Roudag ageluecht. De Kommedant, de Captain *Fossum* huet missen d'Verdeedegung vun der Uertschaft organiséieren. Wëll d'Zivilbevëlkerung nach am Duerf war, huet hien de Buergermeeschter kontaktéiert, fir esou séier ewéi méiglech d'Duerf ze evakuéieren. Hien huet de Leit dräi Stonne ginn, fir d'Duerf ze raumen; duerno huet keen sech méi dierfen op der Strooss weisen. Den 21. Dezember huet déi amerikanesch Kompanie hir Stellunge ronderëm d'Duerf bezunn. Op der anerer Säit ass dat preisescht 915. Volks-Grenadier-Regiment (352. Volks-Grenadier-Division) vun Ettelbréck erop, iwwer Feelen a Mäerzeg, a Richtung Groussbus virgestouss. D'Preise waren iwwerrascht, datt d'Amerikaner sech an dem Secteur net zum Kampf gestallt hunn. D'Amerikaner haten sech virdrun op d'Héichte südlech vum Waarkdall a preparéiert Stellungen zréckgezunn. D'Amerikaner hunn zu Groussbus op d'Preise gewaart. Groussbus läit an engem, zu alle Säiten oppene Gelänn un der Waark, a vun alle Säite gutt anzege-sinn, wat e wonnerbaart Zil fir d'Artillerie bedeit. Duerfir huet dee gréissten Deel vun der Gouss-busser Besatzung sech op d'Héichte vun der Säitert zréckgezunn. Nëmme en etlech Poste sinn am Duerf bliwwen. An der Tëschenzäit ware schonn zwee Artillerie-Battallionen am Hannerland a Positioun gaangen. Dat ware schonn déi éischt vum *Patton* senger 3. Arméi. An hirer Euphorie, den amerikanesche Widderstand gebrach ze hunn, huet dat 915. Volks-Grenadier-Regiment an deenen éischte Stonne vum 22. Dezember, säi Marsch a

Richtung Westen erëm opgeholl. Schon den Dag virdrun, géint 21:00 Auer, huet en amerikanesche Posten Alarm geschloen. Hien hat héieren, datt eng Kolonn Preise vu Mäerzeg erop ënnerwee war. De Captain *Fossum* ass duerophinn bei d'Haus *Karier* gefuer, wou eng M.G.-Stellung war. Wéi d'Preisen an der Däischtert erkannt goufen, huet de Captain *Fossum* d'Signal zu engem firchterleche Feieriwwerfall ginn. Wéi et hell ginn ass, hunn d'Amerikaner 13 Doudeger fonnt. De Rescht vun der Kompanie L huet den Uerder kritt, sech an d'Säitert zréckzezéien. Géint der Dag hunn amerikanesch Observateuren dem Captain *Fossum* gemellt, datt een eenzelnen däitschen Tank vu Mäerzeg erop op Groussbus ënnerwee wier. Net wäit virum Panzer hunn d'Amerikaner zwéi beweglech Punkte gesinn. Et huet sech geschwënn erausgestallt, datt et zwéin amerikanesch Uniforméierter waren, déi op de Vëloë virun de Preisen op der Flucht waren. E puer Minutten huet et gebraucht, bis déi amerikanesch Artillerie hir Granaten op dee preiseschen Tank geschéckt huet. Si hunn den Tank zwar net geroden, awer et ass duergaangen, datt en sech hannert engem Hiwwel an der Laangheck verstoppt huet. Déi zwéin amerikanesch Zaldoten, déi zu Mäerzeg an enger Scheier den Usschloss un hir Unitéit verschlof haten, konnten sech zu Bous a Sécherheet bréngen. An där 1.300 Meter laanger Stellung an der Säitert hunn d'Zaldote gelauert. Et huet ugefaangen ze schneien, an den 22. Dezember, géint 10:00 Auer, wéi et opgehale huet, hunn d'Amerikaner hiren Aen net getraut! Virun hinnen, op der Strooss vu Mäerzeg erop, duerch Groussbus a Richtung Préizerdaul eng Kolonn, zwéi Kilometer laang, Zaldoten a Marschkolonn, Gefierer, véier vu Päerdgezunne Kanounen an zwéi liicht Panzer zum Schluss, am Ganzen ongeféier 600 Mann! Am selwechte Moment ass bei den Amerikaner de Kommando vu Mond zu Mond gaangen: Verbueden ze schéissen! De Captain *Fossum* huet alles organiséiert; et sollt op ee Schlag alles, d'Artillerie an déi aner Waffe mateneen synchroniséiert ginn, fir alleguer am selwechte Moment kënnen duerzefueren. Et huet och dat lineart 2.000 Meter laangt Zil missen opgedeelt ginn. Deenen zwee Bataillounen Artillerie (36 Kanounen) ass déi Partie westlech vu Groussbus zougewise ginn (Daulerstrooss), den 105 Millimeter Haubitzen deen Deel ëstlech vu Groussbus (Mäerzegerstrooss). D'Granatwerfer 60 Millimeter a 50 Millimeter sollten d'Duerf selwer als Zil hunn. D'Panzer waren den amerikaneschen Tanks an den Tanksdestroyers iwwerlooss. Fir déi liicht a schweierer Machin-Guns waren déi laang Reie vun Infanterie reservéiert, jiddereen hat säi bestëmm-

ten Abschnitt. Am entscheidende Moment gouf den Artillerie-Observateur per Telefon d'Uerder: „On the way!“ Dunn ass en Hellefeier lassgaangen: D'Granate sinn explodéiert an d'Maschinengewierer hunn ouni Ënnerbriechung déi preisesch Reien ëmgeméint. Bei den éischte Volltreffer hunn déi preisesch Zaldoten an de Stroossegrief Deckung gesicht, anerer hu versicht, iwwer d'Feld ze entkommen. D'Gefierer sinn explodéiert an d'Stécker sinn duerch d'Géigend geflunn. Op deem hellen Hannergrond war et liicht fir déi amerikanesch Zaldoten, fir hir Ziler ze fannen. Geschwé war d'Strooss mat Doudegen iwwerséit, déi ganz Kolonn war vernicht. Total iwwerrumpelt haten d'Preise keen eenzege Schoss ofginn. Duerno huet e Peloton d'Uerder kritt, aus der Säitert an Duerf erofzuekommen, fir déi lescht Preisen, déi sech an d'Bauernhaiser gerett haten, ze verdriewen. Dës Preisen hunn sech erginn, ouni sech ze wieren. All déi aner, déi entkomm waren, hunn sech a Richtung Bëschrueed, Wal, Gréiwels an Eschduerf verdréckt.

De Captain *Fossum* war der Meenung, et wieren der ongeféier 100 entkomm. D'Aufklärungsabteilung vun deem preisesche Regiment war bis an d'Schankegriech komm. Si waren dem Inferno entgaangen, well si am Bësch vun den Amerikaner onbemierkt bliwwen waren. E puer honnert Meter vun den éischten Haiser vu Proz war et zu engem gréissere Gefecht komm. Nach laang duerno louch e preisesche Panzerspähwagen an engem Hiwwel niewent der Strooss, deen hat e puer Zenner Grompere gelueden. Nach Joren duerno sinn op där Plaz d'Gromperen erëmmkomm, déi un d'Preisen erënnert hunn. D'Gemeng Bieberich (Préizerdaul) huet 1994 e Gedenksteen opstelle gelooss, fir un déi Plaz ze erënnere, wou déi preisesch Avance definitiv gestoppt ginn ass (Cf. 1994). Duerno, am Nomëtteg vum 23. Dezember, ass déi 26. US Infantry Division (Yank-Division) ouni weidere Widderstand op Groussbus virgestouss, a Groussbus war, dës Keier fir zerguttst, erëm fräi.

An de Kellere

An eise Haus war mäi Grousspapp, de Pätter, doheem bliwwen. Hien huet eis Kéi versuergt an d'Schwäin an d'Kanéngerche gefiddert. Hien hat och nach *Schmadds* (*Assa*) versprach no hire Béischten ze kucken. Mueres, den 22. Dezember, wéi alles roueg war, et huet geschneit, ass hien an d'Duerf gaangen, an de Stall bei *Schmadds*. Hien huet d'Kéi gestrach an de Schwäin d'Mëllech an den Trach geschott. Hie war grad fäerdeg mat Fiddere, dunn ass

d'Schéisserei dobausse lassgaangen. Mäi Pätter huet sech mam Flocki am Heeknapp verkroch. Do huet hie gewaart bis alles erëm roueg war. Herno huet hien ëmmer verzielt, vun deene barbaresche Schätz. Him an och all deenen anere Bousser, déi an de Kellere souzen, war net bewosst, datt e puer honnert Meter vun hinnen ewech, honnerte vu preiseschen Zaldoten den Doud fonnt haten. De weidere Verlaf vun der Ardennenoffensiv oder der Runstedt-Offensiv, wéi se am Volleksmond genannt gëtt, kann een an der zoustänneger Literatur noliesen. D'Embuscade vu Groussbus ass an der Infantry-School, Advanced Infantry Officers Class, Fort Benning, Georgia USA, an zwou Etude behandelt ginn. D'Auteurs waren: Major *Harry M. Kemp* (deemools de Kommedant vum 3. Batailloun, 109. Regiment vun der 28. US Infantry-Division) an de Major *Embert A. Fossum* (an der Zäit Chef vun der L Kompanie vun deemselweschte Regiment zu Groussbus)

Kollaborateuren

No der Kapitulation vun Däitschland, den 8. Mee 1945, ass et de Lëtzebuerger Gielemännercher zimlech schlecht ergaangen. Och déi Bousser si veruerteelt ginn. Den Ex-Ortsgruppenleiter *Schaus* hat 19 Joer feste Prisong kritt, de *Schiltze Jäng* der 5 an de *Batty Schneider* der 3. De *Reisass* war verschwonnen, an esou der Justiz entgaangen. Déi meescht vun de Kollaborateuren sinn no e puer Joer aus dem Prisong entlooss ginn, an hu misse bei engem Bauer oder an engem Betrib, ënner polizeilecher Kontroll, fir hiren Ënnerhalt schaffen. Zu Groussbus waren e puer Leit an d'NSDAP agetrueden. De Postprezepter *Schneider*, de *Jos Metz*, den *Albert Milbert*, de *Pierre Guel*, allen dräi Bréifdréier, an de Schoulmeeschter *François Manternach*. Si goufen alleguer, gläich no der Libération, festgeholl an internéiert. An engem Camp mat Hiresgläiche souzen se zu Dikrech an der Glyco, enger Fabrik wou fréier Kugellager fabrizéiert goufen. All déi vereedegt Beamte si kuerzfristeg entlooss ginn. Spéider hunn si vun enger Amnestie profitéiert, a si konnten hire Beruff erëm ophuelen, awer si sinn alleguer strofversat ginn.

Duebelagenten am Ënnergrond

E Fall fir sech war dee vum Gemengesekretär *Jos Wagner*. Hie war am Ufank vum Krich op d'Amtsbürgermeisterei Ettelbréck versat ginn, wou hien um Zivilstand geschaff huet. Duerch seng Aarbecht ass hien a Besëtz vun Informatiounen komm, déi et him méiglech gemeet hunn, eng ganz Rei Leit ze informéieren, z. B. wann se sollten ëmgësiidelt ginn.

